

AGÉONT 3

P E R S O U N E N

Anne-Marie Clemens:	Journalistin
Joffer Bink:	Burgerméschter (autoritaire a komplizéiert) 58 Joer
Joffer Mathes:	1. Scheffen (elegant an distinguéiert) 30-35 Joer
Simone:	Gemengesekretärin 25 Joer
Madame Haupesch:	2. Scheffen 50 - 60 Joer
Madame Stemper:	Conseillière 50 - 60 Joer
Joffer Petesch:	30 - 40 Joer
Madame Klosen:	30 - 40 Joer
Joffer Schreiner:	25 - 30 Joer
Madame Ruppert:	Bannpréiter (resolut Persoun) 50 Joer

Décor

An der Mairei zu Cesseng. ~~etage~~ zu 2
Grousse Sall, dén als Bureau vun der Sekretärin dengt. - Rechts Schreibdösch vun der Sekretärin - lenks, Desch mat engem Teppich drop. 7 Personnen musse können dru setzen, ouni dass én dem Publikum de Reck dréit - Still - Bureauamaterial - Pabeier - Klasseuren. Un die mauereren Affichen a wa méiglech d'Letzeburger Land mat engem Tri colorband rondöm.

I. A K T

1. S z é n

Joffer Bink, Mme Haupesch, Mme Stemper, Joffer Petesch, Joffer Mathes, Mme Klosen, Joffer Schreiner, Simone

Eng Gemengerotssötzung. - An der Mett vum Dösch setzt d'Joffer Bink, déi d'Sötzung présidéiert. Rechts vun hir Joffer Mathes, Mme Klosen, d'Joffer Schreiner. Lenks vun hir: d'Mme Haupesch, d'Mme Stemper an d'Joffer Petesch. Um Enn vum Desch d'Simone, Secrétaire vun der Mairei.

Bink: Dir Dammen, si mir komplett?

Simone: Jo Joffer

Bink: Gut (schellt) d'Sötzung ass eröffnet. D'Joffer Simone liest ons elo fir d'escht de Protokoll fun der leschter Setzung.

Simone: (stét op a liest aus engem Dossier) Rapport vun der Gemengerotssötzung vun Cesseng vum 7. September 1968. D'Sötzung gouf eröffnet um 1/2 ii ennert der Présidentschaft vun der Joffer Bink, Burgerméschtesch.

Bink: Nén!

Simone: Gelift?

- Bink: Streicht dat Wuert "Buergerméschtesch" aus, dat ass net gudd.
- Simone: Mais.....
- Bink: Ech sin net d'Buergerméschtesch, ech sin de Buergerméschter! Dat Wuer "Buergerméschtesch" stét nemmen am Dictionnaire önnert der Définitiou "d'Fra vum Burgerméschter". Ech sin awer net dem Burgerméschter seng Fra. Ech sin kengem seng Fra, Gott sei Dank.
- Petesch: Mir können Iech awer net gudd "Joffer Burgerméschter" nennen. Dat kle net gudd.
- Bink: Abbé, dann nennt mech "Här Burgerméschter"
- Simone: Gudd Joffer (liest) d'Joffer Bink délt dem Gemengerot mat, dat an dese Sötzung en neien Bannpre'ter soll gewielt gën, fir dé verstuerwenen Hé Weiwers ze ersetzen. D'Joffer Bink proposéiert, no dénen neien Prinzipien vun de leschten Wahlen, dat eng Fra déi Platz vum Bannpréiter sol kréien, well bal op allen öffentlechen Dengschtplatsen an der Gemeng Cesseng Fraen ugestallt sin. D'Joffer Mathes wor net mat deser Propositioun d'accord, d'Mme Klosen an d'Joffer Schreiner ebenfalls net. Sie mengen, dass vun enger Gemengepoliz oft Ausdauer, Kraft a Courage verlangt gengen, déi tatsächlech nemmen é Mann könnnt beweisen. Des Objec-tioun gouf stark kritiséiert vun der Joffer Burgerméschter.
- Bink: Här Burgerméschter!
- Simone: Pardon, vum Här Burgerméschter, önnerstötzt vun der Mme Haupesch, 2. Schfen, der Mme Stemper an der Joffer Petesch. No enger harder Diskussiou déi 2 Stonnen gedauert huet, schléit d'Joffer Bink fir d'Platz vum Bannpréiter - d'Mme Ruppert vir, déi fréier zu Weimerskirch Concierge war, an do déi néideg Erfahrungen an Autoritéit fir dé Posten gesammel huet. Déi Propositioun gouf ugeholl mat 4 géint 3 Stömmen. Well keng aner Fro um Ordre du Jour stong a kén d'Wuert gefrot huet, gouf d'Sötzum 12,45 Auèr opgehuewen. (setzt sech)
- Bink: Huet kén eppes géint dé Protokoll ze soen? (roueg) De Protokoll ass ugeholl. D'Joffer Mathes, 1. Scheffen huet gefrôt fir des Sötzung anzeruffe ech gin hir also d'Wuert.
- Mathes: Dir Dammen, ech hun d'Joffer Burgerméschter....(Joffer Bink kuckt ganz rosen) pardon! den Här Burgerméschter gefrot des Sötzung anzeruffen, n dém ech Kloen kritt hun vun den Awunner vum Ale Bierr ab aus dem Schwengseck zemols, Kloen iwert den TIP. Wéi dir alleguer wösst ass den Tip zenter jéhir e Schandfleck fir eis Gemeng. Cesseng ass nemme bekann durch dén Tip. All Dreck aus der Stadt féieren se op den Cessenger Tip. Wéi oft ass d'Loft an der ganzer Gemeng verpescht....durch den Tip. Ons Kanner können net am Bösch spinnen.....durch den Tip. Wat fir Krankhéten enstinn....durch den Tip. Durch dén drechene Summer huet dén Zoustand sech verschlömmert. D'ganz Géigend ass verpescht gin vu Mustiquen an dat kann zu enger Epidemie féieren, déi geféierlech get fir d'ganz Gemeng an d'ganz Land. Mengen Ménung no ass et héch Zeit dat den Tip verschwönnt. Am Interessen, dén dir jo alleguer um Gesondhéts-zoustand vun den Awunner vun Cesseng hut, geng ech die Dammen also bie-den sech mat desem Problem seriös ze befassen an direkt déi néideg Schrott ze önnerhuelen.
- Bink: Wat soen déi Dammen derzou?
- H aupesch: Dat ass kén neit Problem.
- Klosen: Et schengt mer awer interessant ze sin
- Schreiner: A ganz wichteg! D'Gesondhét vun onser Bevölkerung muss ons Haptsuerg sin
- Petesch: Joffer, ech sin zu Cesseng gebuer. Als Kand hun ech oft am Bösch gespill Démols huet den Tip net méi gestonk wéi haut.
- Mathes: Pardon, dir vergiesst d'Moustiken an dat drechent Wieder.
- Haupesch: Ma elo rént et jo eröm. Dann gét déi Sach jo nés an d'Rei.
- Bink: Mme Stemper, Er Ménung wann ech geliftt.

- Stemper: (eng guddmiddeg Fra, déi sech net vill un den Diskussiounen interesséiert. Wéi den Vorhang opgangen ass, wor se am gang ze strecken, an huet bis elo nach net opgehalen)
Entschöllegt? Wouröm handelt et sech?
- Bink: Wéi? Hut dir dann net nogelauschtert?
- Stemper: Dach, dach.....mais.....kuckt ech.....abé.....abé....ech sin ganz ärer Ménung, Här Buergerméschter.
- Bink: Ech hun nach guer neischt zu der Sach gesot!
- Stemper: Dat mecht neischt. Ech gin iech awer vollkommen recht.
- Haupesch: Kann ech d'Wuert kréien, w.e.gl.
- Bink: Et ass un der Mme Haupesch, 2.Scheffen.
- Haupesch: Déi ganz Affair mat dem Tip ass lacherlech.
- Klosen: Pardon!
- Mathes: Ech protestéieren.
- Schreiner: Dat do ass e Skandal
- Bink: Ma da losst d'Mme Haupesch emol ferdeg schwätzen.
- H aupesch: Zu der onglecklecher Zeit, ewéi d'männer nach eleng responsabel iwert d'Gemengeverwaltung waren, du worët schons eng Tradition, dat den Tip um Wahlprogramm vun sämtlechen Löschten stong. A well mir elo eröm kurz virun neien Wahlen stin, léisst déi Sach sech licht erklären.
- Mathes: Wat wollt dir domat soen?
- Haupesch: Muss ech iech den Töppelchen op den i setzen?
- Mathes: Ech wär iech dankbar derfir. Ech geng Iech bieden, Iech méi kloer auszadrecken. Ech kann nun émol net leiden, wann én esou duerch d'Blumm schwätzzt.
- H aupesch: Wonnerbar, déi schwätzzt mer aus dem Härz. Ech bestätegen also, dass d'Joffer Mathes, 1.Scheffen, déi bei denen nächsten Wahlen erem kandidéiert, vun der Affär profitéiert fir Wahlpropaganda ze machen. Dat ass, wat ech wollt soen.
- Mathes: Ech verbidden mer esou eng Verleumdung. Meng énzeg Suergen sin d'Wuel vum Vollek, d'öffentlech Gesondhétszoustänn vun Cesseng, an d'Gesondhét vun sengen Awunner.
- Haupesch: (ironesch) Wat dir net sot.
- Mathes: (entrüst) Oh!
- Bink: Ech froen d'Wuert.....Ech gin der Mme Haupesch recht.
- Mathes: Kuckt do!
- Bink: Ech gin der Mme Haupesch recht doran, dat dat Problem mam Tip nach op all Wahlprogramm stong, wéi d'Männer nach eleng Méschter waren. Mais, Dir Dammen, mir derfen net ze vergiessen, dat mir selwer, virun 4 Joer ewéi mir och kandidéiert hun, dat selwecht Argument fir ons profitéiert hun.
- Petesch: Dat stömmst!
- Bink: Dofir, ech sin mengerseits net dergéint fir elo onst Verspriechen ze halen.
- Haupesch: Ganz gudd.
- Petesch: Bravo!
- Klosen: Déi Method do ass net éierlech!
- Haupesch: A la guerre comme à la guerre, meng léiw Madame.
- Bink: Ech verlangen also, dat den Tip direkt verschwönnt, net well d'Joffer Mathes fléi Fro opgeworf huet, mais well déi Arbechten op onsem Gemengeprogramm stin.

- Mathes: Gudd. Mais ech hun nach eng Fro: Wou huelt dir d'Leit hir fir déi Arbechze machen.
- Bink: Aus der Gemeng.
- Mathes: Männer?
- Bink: (kategoresch) Nén!
- Mathes: D'Männer vun Cesseng sin sou ze soen elauter Baueran an Arbechter, an de hun alleguer selwer genug Arbecht.
- Schreiner: Et könnnt é villeicht en Appel un eng Entreprise aus dem Kanton machen, déi fir esou Sachen spezialiséiert ass.
- Bink: Senger Liewen net!
- Klosen: Wat mache mer dann?
- Bink: Zenter dasse mir Méschter hei sin, hù mir no an no d'Männer vun de Gembengenarbechten an -affären verdrängt. Mir werden dach elo net kleng bei gin, kurz virun de Walen.
- Mathes: (ironesch) Hutt dir dann wölles d'Fraen op den Tip ze schecken?
- Bink: Virwat dann net?
- Schreiner: Dat get flott!
- Mathes: Ech wéss net, op iech déi Politik profitéiert, déi d'Männer vunn all néidegen Arbechten an Affairen ausschléisst. Gét iech déi Affair mam Tubishaff, dén ofgebrannt ass, net duer?
- Bink: Ech hu mir neischt an der Affär virzewerfen. Déi weiblech Pompiers vun Cesseng hun hir Pflicht gemach.
- Mathes: Ouni Zweifel. Mais wann dir iech erofgeloss hätt, sou wéi dir gerode kru fir d'Pompiers vun dem Nopeschduerf em Hölleg ze ruffen, da wär d'Feier net bis an de Schweistall iwergeschloen an d'Véi wär bestömmmt gerett gin.
- Bink: (rosen) Et stét iech zou fir nés op déi Geschicht, déi schons e Joer âl ass, zreck ze kommen. Alt eng Propaganda weider fir iech. Mais ech bleiwen trotzdem menger Devise trei: "d'Fraen iwerall". D'Fraen eleng. Ere Géscht fir mat de Männer zesummen ze schaffen ass géint meng Prinzipien. Déi zou mir stinn, sollen mat mir goen!
- Petesch: Mir halen zu iech!
- Klosen: Mir net!
- Haupesch: Wéi dir wöllt!
- Bink: Losse mer déi Affär mat dem Tip also ofschléissen. Dir Dammen, wien vun iech ass d'accord dat mer déi Arbechten vun Fraen ausféieren lossen? (Mme Haupesch an d'Joffer Petesch hiewen d'Hand) An dir, Mme Stemper?
- Stemper: (dei nach emmer weidergestreckt huet) Entschöllegt? Wat sot dir? Worömmer handelt et sech? Entschöllegt, mais et ass mer grad eng Masch gefall anmais ewéi emmer.....Ech sin ganz dem Här Burgerméschter senger Ménung.
- Bink: Dat ass alles wat ech wollt wössen. 4 Stömmen géint drei, meng Proposition ass also ugeh'oll. An domat ass d'Sötzung opgehuewen. (Alles stét op)
- Stemper: (Lét hir Streck zesummen) Wéi schued! Echo war ech bal ferdeg. Wéini ass déi nächst Setzung?
- Bink: Dir kritt eng Convocatioun.
- Stemper: An der Rei. Vleicht kréien ech dann meng Streck ferdeg. (An dém se fort gét) Dohém hun ech keng Minut Zeit fir drun ze schaffen. (Mme Haupesch, Joffer Petesch an d'Mme Stemper bin zur Metteldir aus)
- Bink: (zum Simone) Ass nach eppes do fir ze emmerschreiwen, Simone?

Simone: Jo Joffer. Et leien nach e puer Sachen vum Prefecteur do.

Bink: Ech gin bis op d'Schlass. An enger Stonn Zeit sin ech eröm, an da kucken mir dat zesummen durch.

Simone: Gudd Joffer.

Bink (of)

Mathes: Ass keng Post fir mech kom, Simone?

Simone: Né, Joffer.

Mathes: Ech gin elo nach bis an eis Versammlung. (zur Mme Klosen an der Joffer Schreiner) Gitt dir matt?

Klosen+Schreiner: Secher.

Simone: (zur Joffer Mathes) Dir denkt jo nach un dat Bestiednis?

Mathes: Bestiednis? Wat fir e Bestiednis?

Simone: Ma dem Här Moschtert sei Fils an d'Médchen vum Hunnessen Jeck.

Mathes: Haut de Muergen?

Simone: Fir ll Auer. Sie werden schons dà sin.

Mathes: Dat hat ech elo komplett vergiess.

Schreiner: An dém Fall gi mir alt ouni iech.

Mathes: Secher. Gidd dir dorower. Ons westen gär d'Resultat vun deser Setzung. Ech kommen dann no.

Klosen: Losst awer net ze lang op iech warden.

Mathes: Berouegt iech, et gét séier.
(Joffer Schreiner a Madame Klosen of)

II. Szén

Joffer Mathes - Simone

Mathes: Hut dir d'Joffer Bink net gefrot, op si dest Bestiednes net selwer wollt machen?

Simone: Dach Joffer, wéi gewéinlech.

Mathes: An sie huet refuséiert.

Simone: Wuelverstanen!

Mathes: Ech wés virwat. Dobei geng se un neischt schéines erönnert gin. Ech hat hir déi sollen spinnen a mech entschöllege lossen. Da wär sie forcéiert gewiescht dat Bestiednis ze machen.

Simone: Ech mengen net. Si hätt ouni Fél d'Mme Haupesch 2.Scheffen gefrôt fir sie ze ersetzen.

Mathes: D'ass wouer. Un déi hätt ech elo net geduecht.

Simone: Joffer Mathes, braucht dir mech elo net méi.

Mathes: Nén merci!

Simone: Ech muss é Moment fert. Den Acte de mariage ass prett. D'Buch och.

Mathes: D'ass gudd, dir könnt elo goen.

Simone: Hei ass nach är Echarpe (récht hir déi rout weiss blo Band)

Mathes: Merci, Simone, hölleft mer nach gleich d'Echarpe unzedoen, éier dir fort gid. Eleng kréien ech se net zergutztert un.

Simone: Gär Joffer Mathes (Hölleft hir) Gét et esou?

Mathes: Tip top merci

Simone: Awuer (lenks of)

III. Szén

Joffer Mathes - Anne-Marie

(d'Joffer Mathes mecht sech e besschen fresch, kämmt sech. No enger Zeit klappt et un der Metteldir. D'Joffer Mathes passt net op. Et klappt nach eng Kéier)

Mathes: Entrez!

Anne-Marie: (könnnt eran, e jongt Médchen, distinguéiert, modern geklét mais elegan décoltéiert, net zevill, fein, et geseit én dass hat aus der Stadt ass Eng Valise an der Hand)

Mathes: (stét op fir d'Anne-Marie ze begréissen) Wat wär iech gefälleg, Joffer. Dir sidd secher dengschtlech hei. Dir musst iech eng 'eilchen gedöllegen D'Scrétairin vun der Mairei ass just e Moment fort.

Anne-M.: Et handelt sech öm neischt Dengschtleches, Joffer. Ech kommen extra aus der Stadt heihinnen bei iech.

Mathes: Bei mech?

Anne-M.: Mei Numm ass Clemens.

Mathes: (déri net verstét) Joffer Clemens?

Anne-M.: Den Här Bertrand huet mech gescheckt.

Mathes: (d'selwecht) Den Här Bertrand?

Anne-M.: Den Direkter vun der Revue,

Mathes: (d'selwecht) Revue? ...Ech muss agestoen, datt ech glat neischt verstinn.

Anne-M.: Ma dach, kuckt....ech soll är Sekretärin sin fir iech an ärer Wahlkampagn ze höllefen.

Mathes: Ass et wouer? Ah! do soll awer....Mais ech hun dach neischt esou gefrot, obschons ech esou eng Sekretärin gut könnt brauchen. Wéi héscht dén Här schons méi wou dir gesot hutt?

Anne-M.: Här Bertrand.

Mathes: Här Bertrand?....Dén Numm sét mir neischt...Mais schliesslech, én Irrtum ass jo och net gudd méiglech. Den Här interesséiert sech vielleicht fir meng Sach, an op déi Manéier wollt hien mir vielleicht höllefen dat ech wannen. Sit Dir Journalistin, Joffer?

Anne-M.: Jo, ech schreiwen zenter zwé Joer fir d'Revue.

Mathes: Sou ass et. Den Här Bertrand wollt mir höllefen. Et ass durchaus méiglech dass ech e kennen. Ech hun dermossen Relatiounen. Secher kréien ech nach e Bréif vun him, dén mer alles erklärt.

Anne-M.: Ganz secher, Joffer. Hien huet mir gesot, en hätt iech virgescht geschriwen.

Mathes: Dann héschen ech iech härzlech wellkomm, Joffer. Nemmen ech hun keng Plat fir iech ze logéieren. Dann musst dir am Hotel wunnen, an och iessen. Hei get et nemmen én Hotel, et ass keng grouss Wiel.

Anne-M.: Ech wärt schons zefritten sin.

Mathes: Et dét mer léd, dat ech elo net méi lang mat iech schwetzen kann, mais ech hun nach 2 jong Leit, déi warden.....

Anne-M.: Soll ech duerno erömkommen?

Mathes: Jo - oder, besser nén. Gitt iech am Hotel en Zemmer bestellen. Näm Iessen kommen ech dann bei iech lanscht. Et ass besser, wa mir net gestéiert gih dann könne mir och méi frei schwetzen.

Anne-M.: An der Rei, Joffer.

Mathes: (Wöllt ausgoen) An nach eppes....

Anne-M.: Jo Joffer?

Mathes: Mir hun nach n et iwert d'Conditione geschwät.

Anne-M.: Oh, dat presséiert net.

Mathes: (setzt sech a schreiwet e Scheck aus) Ma dach, dat presséiert. Heit, huelt dese Scheck, domadden könnt dir dann är Spesen bezuelen.

Anne-M.: (Dat d'Somme um Scheck geseit) Dat ass jo vill ze vill!

Mathes: Nén, dat ass neischt zevill. Dir wert schons net méi soen, et wär zevill, wann dir emol héiert, wat ech alles vun iech verlangen.

Anne-M.: Ech machen mei Bescht, fir iech zefriden ze stellen.

Mathes: Also. Ech sin bei iech, géint 2 Auer. Sot zum Patron, ech hätt iech gescheckt. Villeicht kritt dir dann nach en Teppich an d'Kummer geluegt....

Anne-M.: Merci Joffer

Mathes: Bis derno (lenks of)

IV. Szén

Anne-Marie, Simone

(Anne-Marie wellt zur Metteldir ausgoen, Simone könnt just dé Moment eran. Déi zwé kucken sech eng Kéier erstaunt.)

Simone: Anne-Marie!

Anne-M.: Simone!

Simone: Wat en Zoufall! A wat mechs du dann hei?

Ahhe-M.: Ma ech wollt dech datselwecht elo froen.

Simone: Wéss du dat net? Ma ech sin d'Gemengensekretairin vun Cesseng.

Anne-M.: Dat wosst ech net. Ma dat do ass formidabel. Wéi lang hu mir ons schon net méi gesin?

Simone: Et werde bal 10 Joer sin.

Anne-M.: Wéi d'Zeit awer vergét! Bass de bestued?

Simone: Nach net an du?

Anne-M.: Och net.

Simone: Du bass jo hoffentlech net hir op Cesseng komm, fir der e Freier ze sichen. Héi sin d'Männer nämlech rar.

Anne-M.: Wou denks de hin.

Simone: Also wuerfir dann.

Anne-M.: Ech si Journalistin.

Simone: Ass et wouer.

Anne-M.: Ma jo bei der Revue

Simone: Meng Komplimenter. An natirlech hues du elo eng Enquête iwert Cesseng ze machen, déi eenzeg Gemng am ganze Grand-Duché wou de Gemengerot nemmen aus Frae besteet.

Anne-M.: Glat a guer net, Simone. Du bass um Holzwee. Ech sin hei fir denger Meeschtesch bei de Wahlen zum Sieg ze verhellefen.

Simone: Der Joffer Bink?

Anne-M.: Jo, mein Direkter, den Här Bertrand huet mech gefroot fir hir ze hellefen.

Simone: Déi ass awer gudd. Mais setz dech dach, da schwetze mir nach e beschen zesummen (setzen sech) Wéi geet et denge Elteren?

Anne-M.: O ganz gudd, merci, an du bass du zefriden hei?

- Simone: Ech kann net kloen. Natirlech, ganz vill Ofwiesselung an Distraktiouen get et hei zu Gesseng net, mais meng Arbecht ass amusant. Gleew mir es muechmol geng een hei am Haus Platzegled bezuelen fir können an enger Setzung berbei ze sinn.
- Anne-M.: Ech si frou wanns du dat sees. Ech hu mir schons selwer leed gedoe well ech mech hei hin an dest Nascht begruewe lessen.
- Simone: Ech versecheren dir, dass du et net bereits.
- Anne-M.: Dann klärts du mech elo séier iwert d'Situatioun hem op. Wéi lang bass du schons hei?
- Simone: Zenter der Herrschaft vun dénen Dammen, also bâl 5 Joer.
- Anne-M.: Wéi ass dat do richteg zougang. Sin keng gewötzt Männer méi hei an der Géigend.
- Simone: D'Zoul van de Männer huet net ofgeholl, mais d'Fraen hun proportiounsmessegzougeholl.
- Anne-M.: Wéi dat dann?
- Simone: Bass du wirklech nach net opgeklärt, iwert d'Joffer Bink an hir Equipe?
- Anne-M.: Ech hun alt schon dovun schwetze gehéiert, sou wéi jidderén, mais fir d'Détailler ze kennen.....
- Simone: Ma da lauschter emol, ech explizéieren der dat. D'Joffer Bink ass nach déi énzig Nokommen vun enger aler letzeburgerscher Familien an sie huet de Fescheschhaff geirwt.
- Anne-M.: De Fescheschhaff, ass dat iiren dat schéint Schlass wat é lenker Hand seit léien wann én vun der Gare kennt?
- Simone: Dit ass et.
- Anne-M.: Dass e grousst Schlass.
- Simone: Ech mengen esou. Et sin esou vill Fensteren dran ewéi Dég am Joer.
- Anne-M.: 365
- Simone: Genau an eng Speicherlicht.
- Anne-M.: Ah, fir d'Schaltjoer.
- Simone: (lacht) Wahrscheinlech
- Anne-M.: Abbé, ech wollt déi Fensteren net all wáschen.
- Simone: Ech hoffen, dat se dat net vun dir verlangen.
- Anne-M.: Fuer weider.
- Simone: Obschon d'Joffer Bink e grousst Verméigen hat, konnt sie sech net erlassen, eleng an dém Schlass ze wunnen an all déi Onkáschten ze bezuelen.
- Anne-M.: An d'Steieren.
- Simone: An dunn well sie #& trotz allem erhalen wollt, koum si op d'Iddi, d'Schlass an en weiblecht Hotel ze transforméieren.
- Anne-M.: E weiblecht Hotel
- Simone: Jo
- Anne-M.: A wat ass dat dann?
- Simone: Et ass, wéi wann é geng soen: eng Kasär fir Dammen, mat Dortoiren, Refectoiren, Spillsäll, Ateliers, Liessäll an sou weider.
- Anne-M.: Dat ass originelle A konnt sie sech dann eng gewösse Klientel machen.
- Simone: Ouni Schwiregkéten.
- Anne-M.: Al Jofferen?

Simone: Aler a jonger an och Witfraen. An engem Wuertä elauter Fraen, déi durch Liewensömstänn gezwungen sin, eleng ze liewen. Ech soen der, si hat net vill Schwiregkéten fir d'Schlass bewunnt ze kréien, well Fraen, déi eleng op der Welt stin, gin et méi wéi genug.

Anne-M.: An sie selwer?

Simone: Sie ass an dém selwechte Fall. Et get kén, dén méi géint d'Bestuederei ass, ewéi sie.

Anne-M.: Wirklech?

Simone: Jo. Et schengt, déi Antipathie kennt vun enger grousser Enttäuschung aus hirer Jugendzeit. Hire Freier, dén sie schrecklech gär hat, hätt sie den Dag virun der Hochzeit setze geloss.

Anne-M.: Wéi schrecklech! An aus wat fir engem Grond.

Simone: Hei am Duerf get vill gemunkelt. Déi eng soen, et wär en Neischnotz gewiescht, dén sech, dén Dag, wéi de Kontrakt gemach gouf, eng deck Zomm gesechert hätt. Déi aner soen de Breitjesmann hätt dén harden an éiergeizegen Charakter vun senger Freiesch erescht den Dag vrun der Hochzeit kenne geléiert, an nach méin béiss Zongen behapten, d'Virbreitshen hätt dem Jong op émol besser gefall.

Anne-M.: Pfui! An dorop hin.....

Simone: ...huet d'Joffer Bink sech selwer den éiwegen Celibat geschwuer. Sie huet sech op hirt Schlass zreckgezun, fest décidéiert e Mettel ze fannen fir hiren Hass ze stöllen. Déni Hass, dén sie nach haut fir all Männer huet.

Anne-M.: An esou koum et zu dém weiblechen Hotel.

Simone: Du hues kapéiert. Momentan sin méi 300 Pensioärinnen am Schlass, d'Gemmeng hat bis dohinnen ongefíer déi selwecht Zuel männelech a weiblech Stömmberechtegter. Duerfir hat d'Joffer Bink elo guer keng Schwiregkéten fir eng Löscht, nemmen mat weiblechen Kandidaten durchzekréien.

Anne-M.: Elo verstin ech, wuerfir Cesseng zenter bal 5 Joer nemmen vu Frean verwalt get.

Simone: An ech muss zougin, dat et dofir net méi schlecht gét.

Anne-M.: Ouni Zweifel. Mais wéi hun d'Männer sech dann zu der Sach gestallt?

Simone: Wat sollten sie dann do machen? Dass jo alles am Recit zougang. Et ass neischt gemach gin, emol net versicht gin, wat gesetzwiddreg wär.

Anne-M.: Dann hun sie d'Sach passiv ugeholl?

Simone: O am Ufank sin se alt unenaner geroden, d'Fraen goufen geutzt, mais op d'Langweil du hun d'Männer et ganz normal font. A well et jo bal elauter Baueran sin, do huet d'Arbecht um Feld se méi interesséiert ewéi déi öffentlech Ugééenhéten.

Anne-M.: Natirlech. No allem, wats du mir elo erziels hue\$, derf ech unhuelen, dat d'Joffer Bink eng Persoun mat Charakter ass.

Simone: Dat kann én schons soen.

Anne-M.: An sie huet zenter hir hiren Ideen nach net changéiert?

Simone: A wéi engem Sönn?

Anne-M.: Ech wéss net. Hat se da keng Gelééenhét fir ze erkennen dat d'Männer net all esou schlecht sin, wéi si mengt? Muenchmol gét et duer engem bestömmten Mensch ze begéinen, fir ze begreifen, dat et méi schéin ass fir zu zwé durch d'Liewen ze goen.

Simone: An hirem Alter, du gléws dach selwer net drun.

Anne-M.: Sie ass dach net esou al. Ech gin hir net méi, wéi 30 Joer.

Simone: Du mechs de Geck

Anne-M.: Wéss du dann tééle dass sie ass?

Simone: Sie huet 58 Joer.

Anne-M.: Nén!!!

Simone: Wann ech dir et jo soen.

Anne-M.: A nén, ech kann mech dach net esou geiirt hun. Wéi ech elo eneschst mat hir geschwat hun.....

Simone: Wéini?

Anne-M.: Ma elo eneschst.

Simone: Virun der Sötzung?

Anne-M.: Ech wéss net, op dat virun enger Sötzung oder derno war, mais ech soen der esou wéi si virun engem stong, schlank an elegant mat der Echarpe...

Simone: Wat sés de do? Mat der Echarpe, mais Anne-Marie, dat war net d'Joffer Bink, déis du gesin hues.

Anne-M.: Hein?

Simone: Dat war d'Joffer Mathes.

Anne-M.: Wat sés de do?

Simone: Den 1.Scheffen, dén d'Leit bestit. Ech hoffen, dass du hir net offréiert hues fir sie ze schaffen.

Anne-M.: Ma dach

Simone: Ei, ei , ei! Ma dan hues du eng schéin geliwert! Du hues dech op d'Seit vun hirer Rivalin gestallt.

Anne-M.: Konnt ech mir dahn drémen, dat esou eng kleng Gemeng sech och nach en 1.Scheffen könnt léschten.

Simone: Et sin der esou guer 2 do.

Anne-M.: An elo?

Simone: Wann ech der e gudden Ret ka gin, da gés du elo séier bei sie.....

V. Szén

Anne-Marie, Simone, Joffer Mathes

Mathes: (Könnt séier zur lenker Dir eran, d'Echarpe an der Hand) Séier, Simone, mein Mantel, ech sin a Verspéidung. An der Versammlung warden se op mech. Déi jong Bestueten sin onméiglech. Mat Gewalt hun se mech mat op den Appéritif geschléft.

Anne-M.: Joffer, ech muss mech entschöllegen. Elo énescht.....

Mathes: Wéi, dir sidd nach emmer hei, Joffer Clemens?

Simone: Et ass eng Schoulfröndin vu mir.

Mathes: Ma dat ass schéin.

Simone: Mir müssen iech soen, dass durch e bedauerlechen Irrtum....

Mathes: (önnerbrecht) Ah, lo hat ech nach bal vergiess (Zum Anne-Marie) Ech hun mat dem Patron aus dem Hotel geschwat. Et ass alles an der Rei, dir kritt dat schéinsten Zemmer, mat vue op d'grouss Platz.

Anne-M.: Merci Joffer, mais ech muss iech soen....

Mathes: Duerno, duerno, dann hu mir Zeit, fir mat enaner ze schwetzen, vergiesst net, um 2 Auer (kuckt op d'Auer) Mei Gott! Hoffentlech hunn se op mech gewart!

(schnell zur Metteldir fort)

VI. Szén

Anne-Marie, Simone

Simone: Abé jo, do setz du jo elo schéin an der Patsch.

Anne-M.: Ech sin iwerhaft net zu Wuert kom. Oh, dat ass eng domm Geschicht.

Simone: Ech mengen es esou.

Anne-M.: Mais, wat héscht dat eigentlech? D'Joffer Mathes kandidéiert déi dann net op der selwechter Lescht ewéi d'Joffer Bink?

Simone: Glat a guer net. Et sin déi gréisssten Feinden.

Anne-M.: Ass et esou schlömm?

Simone: Sie kandidéieren allenzwou hiererseits.

Anne-M.: Mais sie sin dach awer zesummen ernannt gin.

Simone: Jo, virun 5 Joer.

Anne-M.: Zenterhir?

Simone: Zenter hir? Mei léift Kand! Du misst eng Kéier an enger Gemengerotssetzung dobei sin, dann gengs de iwert alles opgeklärärt gin!

Anne-M.: Vuerfir sin se dann an Oppositioun?

Simone: Dat ass ganz einfach. Op der enger Seit ass d'Joffer Bink mat hirem Prinzip: d'Fraen op de Männer hir Platz, an déi aner Seit d'Joffer Mathes déi villméri eng Zesummenarbecht mat dénen sicht, déi fréier ons Scheffen woren.

Anne-M.: Get et dann 2 Löschten mat weiblechen Kandidaten?

Simone: Jo 2 Löschten, eng DUR-Löscht vun der Joffer Bink, an eng MOLL-Löscht vun der Joffer Mathes.

Anne-M.: A wat soll ech dann elo machen. Ech sin heihinne komm, fir fir d'Joffer Bink ze schaffen.

Simone: Du muss der Joffer Mathes herno alles explizéieren.

Anne-M.: Jo...selbstverständlich. Mais dat ass net esou einfach. Sie huet mech engagéiert, sie huet mer en Zömmer gelount, du, sie huet mech souguer schons bezuelt.

Simone: Schons bezuelt?

Anne-M.: Jo, an net ze kmapps gemosst. Kuék emol (Weisst him de Scheck)

Simone: Oh!

Anne-M.: An elo?

Simone: Elo? ech wéss et och net....An dém Fall misst du villeicht kucken, wat fir eng Partei dir méi sympathesch ass.

Anne-M.: Jo....mais vis à vis vum Här Bertrand. ei, eiei! Lo sin ech domm drun... Nat réits du mir?

Simone: Et wär vielleicht dat bescht, du gengs iwerhaft neischt zur Joffer Bink soen.

Anne-M.: Nén, dat gét net!

Simone: Virwat?

Anne-M.: Mais well sie mech erwart. Sie huet dach beim Här Bertrand ugefrot. An iwregens hien huet sie vu menger Arrivée avertéiert.

Simone: An dann

Anne-M.: Abbé, an dann, ech explizéieren hir....Oder wann ech der Joffer Mathes d'Wourecht soen géif....Oh! ech wés et net.....

Simone: Lauschter emol. Iwerlé emol. Menger Ménung no kanns du dech net den Dommen bei der Joffer Bink machen, well sie huet déch jo kommen geloss. Janns du hir also muss agestoen, dats de durch en Irtumm bei d'Oppositiour geroden bass, dann muss du dat gutt duerléen.

Anne-M.: Dat well ech och machen.

Simone: Wart (höllt sei Mantel)

Anne-M.: Vat mechs du?

Simone: D'Joffer Bink kann nun émol kén Dékolté ausstoen. Do dese Mantel un. Sou bass de geklét esou wéi et hir passt. Hei, do dé Bröll nach un.

Anne-M.: E Sonnebröll, virwat ze machen?

Simone: Vir deng geschminkteh Aen ze verstopen. Bei der Joffer Bink ass dat net erlapt.

Anne-M.: Ma esou gesin ech jo grujleich aus!

Simone: Sou soll et jo och sán. Op déi Manéier kanns du dir erlaben mat hir ze diskutéieren an Mir deng Situatioun ze erklären. Sou gésste och kén sou groussen Risiko an, vum Bampreter zreck op d'Gare gefouert ze gin

Anne-M.: Du mechs mer et Angscht. Wat soll ech dann nemmen zu hir soen?

Simone: D'Wourecht. Wanns de dech esou bei hir virstells, dann lauschtert sie dir villeicht no. Pass op, ech héieren se kommen. Mach deng Hoer e beschen méi platt, dat ass méi korrekt (Anne-Marie mecht et)

VII. Szén

Anne-Marie, Simone, Joffer Bink

Bink: (könnnt zur Metteldir eran, ganz presséiert) Ah, sid dir endlech do? Dir sid dach d'Joffer Clemens, déi den Här Bertrand mir recommandéiert huet?

Anne-M.: Jo Joffer, nemmen.....

Bink: Ech hu mer schons Suergen gemach. Wuerfir sidd dir net bei mech op d'Schlass kom?

Anne-M.: Ech duecht, iech eschter an der Mairei ze treffen.

Bink: Enfin, dat ass och guer net esou wichteg. D'Haptsach ass, dir sidd elo hei. Dir wesst jo, wat ech vun iech erwarden?

Anne-M.: Jo Joffer, nemmen ech muss iech soen.....

Bink: Wat dann? Hutt der Angscht, der Sach net gewuess ze sin? Den Här Bertrand huet mer iech wärmstens empfuehlen, an ech si secher dat e mech net bedrun huet. Dir hölleft mir hei kämpfen géint den Ondank an de Verrot. Déi Sach, déi dir hei verteidegt, déi kritt eng Reckwirkung op d'ganzt letzeburger Land. D'Fraen alleguer werden iech dankbar sin, dat dir gehollef hut hir Ketten ze sprengen.

Anne-M.: Ech wéss Beschéid iwert déi grouss Bedeutung vun ärer Sach, Joffer. Mais ech muss iech gestoен, ech sin an enger aussergewéinlecher Situatioun, enger ganz delikater.....

Bink: Virklech? Dir braucht iech net viru mir ze genéieren.

Anne-M.: Mais.....

Bink: Ech hun déi Fro do gesin kommen. Hei ass de Scheck, dén ech schons am viraus préparéiert hun. Sou hut der d'Megleckhét direkt är Spesen ze bezuelen. Onglecklecherweis hun ech kén Zömmer fir iech am Schlass virgesin. Dann musst der am Hotel schlafen. Iwregens ass dat och besser esou, dann hut der méi Freihét an dir sidd vill méi roueg.

Anne-M.: Villmols Merci, Joffer, mais ech versecheren iech, et ass net wéinst dem Scheck.....

Bink: Jé, jé, jé, entschöllegt Iech net. Ech kennen d'Jugend. D'Kléder sin dei-er, an es mussen oft neier kaft gin. Mais dir musst wössen, dat ech keng Iwerspanthéten kann leiden. Ech veruechten déi zevill kurz Jupen an déi onanständeg Dékoltéen. Bleiwt zreckhalend an ärer Klédung. Sou wéi der elo sidd! Sou ass et gudd! Also bis derno. Ech erwarden iech um 4 Auer am Schlass. Ech erklären iech dann d'Situatioun. D'Simone weist iech de Wé duerch d'Duerf. Dir gefalt mer ganz gudd, Joffer Clemens. Ech schreiwen dem Här Bertrand direkt e Bréif fir him Merci ze soen. Bis derno (séier of)

VIII. Szén

Anne-Marie, Simone (Déi zwé sin ganz erschloen)

Anne-M.: (léisst sech op e Stull falen an dét de Bröll of) Abé merci

Simone: An elo?

Anne-M.: Néi zéien ech mech do eraus?

Simone: Ech froe mech dat och.

Anne-M.: Wuerfir hues du mir net gehollef? Et hätt én d'Situatioun könne retten.

Simone: Sin ech dann iwerhapt zu Wuert komm? Du hues se jo héieren. Si huet an engem Steck geschwatt. An sie huet net gären, wann én sie önnerbrecht. Sie huet dir emol keng Zeit geloss fir dech z'explizéieren.

Anne-M.: Ass déi ömmer esou?

Simone: Wann se presséiert ass.

Anne-M.: Ass se dann oft presséiert?

Simone: Ech hun se nach net anescht gesin.

Anne-M.: Abé!!!!

Simone: Vat mechs du elo?

Anne-M.: (stét op an höllt seng Valise) Des Kéier bleiwt mer keng aner Wiel. Um wivill Auer firt den Zug an d'Stadt?

Simone: Du gés denger Wé?

Anne-M.: Vat soll ech dann aneschters machen?

Simone: An d'Schecken?

Anne-M.: Du gess hinnen se eröm an dann erklärs du hinnen de Fall.

Simone: Du bass vielleicht am Onrecht elo esou iwerstirztzt ze handelen. Et fönd sech vielleicht nach e Wé fir alles ze arrangéieren.

Anne-M.: Hues du eng Iddi?

Simone: De Moment net, mais wann é gudd nodenkt.....

Anne-M.: Ech gesin mengerseits keng Léisung ouni vun der enger oder aner Joffer veruecht ze gin.

Simone: Gés de eröm an d'Stadt fir weider bei der Revue ze schaffen?

Anne-M.: Nén, Leider! E klengen Détail, dén ech bis elo nach kengem gesot hun. Den Här Bertrand huet mir des Beschäftigung gesicht, well hien mech net méi kann halen.

Simone: Ah?

Anne-M.: Seng Zeitung ass öm d'Halschecht zreckgang.

Simone: Da bass du also ouni Arbecht?

Anne-M.: Fir den Ament jo. Ech wéss net, wéi lang dass dat dauert. Tant pis....
(dét de Mantel aus an mecht sech eröm normal)

Simone: Sou gefälls de mer besser!

Anne-M.: Jo, war ech vill changéiert?

Simone: Et huet ém dech net eröm erkannt.

Anne-M.: War et esou schlömm‡

Simone: Jo, gléw mer es.

Anne-M.: (iwerlét) Net erkannt? (plötzlech) Do hu mer eng Léisung!

Simone: Hein?

Anne-M.: Ech bleiwen

Simone: Du bleiws, a fir wat fir en Dél?

Anne-M.: Fir di zwé.

Simone: Vat sés de do?

Anne-M.: Véi zum Deiwal koums du net selwer op déi Iddé. Et get awer neischt méi einfaches wéi dat. Well ech mech jo dénen Jofferen op verschidden Manéieren présentéiert hun, esou, dat é mech net méi erkannt huet, wát verhönnert mech dann dat ech vir zwou verschidden Persounen schaffen.

Simone: Du bass verreckt!

Anne-M.: Verreckt! Mengs de dann net et wär nach méi verreckt, wann ech zwé Schekken geng leien lossen, déi vum Himmel erof gefall kommen. An ech geng zreck an d'Stadt fueren, wou ech net wéisst wou ech déi nächst Nuecht könnnt schlofen. Nén, nén, ech sin décidéiert, ech bleiwen.

Simone: Et ass schrecklech! Du mechs dech onméiglech.

Anne-M.: Tamt pis. Ech versichen mei Gleck. Wells du mer höllefen.

Simone: Selbstverständlech, mais du vergess dat en se dech allenzwou önnert dém selwechten Numm kennen.

Anne-M.: T'ass wouer. Dorun hun ech net geduecht. Abé, dann sin mir ého zwou Schwesteren!

Simone: Zwillingschwesteren?

Anne-M.: Wuerfir net, mir sin Zwillingschwesteren, déi sech bekämpfen, sech zerreißen bis op d'äusserst. Iwregens mecht dat d'Sach vill méi einfach.

Simone: Ech zidderen elo schons. Mais du muss 2 Virnimm hun.

Anne-M.: Dass dach einfach. Ech hu jo én, dé kann fir zwé dengen. Et brauch én en nemmen ömzedréinen. Anne-Marie fir d'Läscht vun der Joffer Mathes an Marie-Anne fir d'Löscht vun der Joffer Bink. Simone, a wat sés du derzeu?

Simone: Ech sin platt!

Anne-M.: Dat mecht neischt. Ech versecheren, du langweils dech bestemmt net méi hei. Aj jo. elo ass emol eppes lass zu Cesseng.

2. A K T

Selwechten Décor.

I. Scène

Anne-Marie, Joffer Mathes, Mme Klosen, Joffer Schreiner, Simone.

(Sie setzen all beim Desch, d'Joffer Mathes an der Mett, d'Simone setzt bei sengem Schreibdesch.)

D'Anne-Marie huet eng weiss Blus un, déi et während dem ganzen Akt un huet. De Col ass op, mais wann d'Situation et erfuerdet kann et den Décolleté verschwannendin an deem et de Col zoumecht.)

Mathes : Da fenkt un, Anne-Marie, mir lauschteren.

A. Marie : (steet op a liest ganz deitlech fun engem Blad)
Wieler a Wielerinnen,

An engem Mount könnt dir déi stemmen déi dir würdeg fannt er Gemeng ze verwalten.

Déi Fraeregierung vun der Joffer Bink bleiwt nemme méi eng béis Erennerung. Cesseng wellt net méi ennert dem Régime vun enger onzefridderer Fra mat ehergeizegem an heuchlecherem Karakter stoen.

Klosen : Ganz gudd!

Schreiner: Bravo.

Mathes : Fuert weider.

A. Marie : Cessenger Männer, Fraen a Joffer, d'Zeit ass do fir ons vun deem Régime ze befreien! Eis Gemeng huet genug gelidden ennert der Herrschaft vun enger Abenteuerin. Dir stemmt sie ennert den Desch. Dir stemmt fir eng Zesummenarbecht vun all deenen déi gudde Wellen hun, Männer ewéi Frae. Géint d'Iwerspantheet vun enger Fra. Dir stemmt d'Lescht vun der Gemengenentente, vun der Joffer Mathes, l. Scheffen. Cesseng soll Liewen an d'Ländchen derniewent!
(Hännklappen)

Mathes : Dass ganz gudd esou, Anne-Marie

Schreiner: Wonnerbar

Mathes : Ugeholl

Schreiner: Ugeholl

Klosen : Ech sin och d'accord, mais mengt dir net et soll een sech e beschen méi délicat ausdrecken?

Mathes : Wéi sou?

Klosen : Ma déi Ausdreck ewéi Régime an iwerspant....

Mathes : Ech mengerseits fanne daat guer net scharf.

Schreiner: Wann deen Appel do sein Zweck erfelle soll, dann muss een ganz kloer an deitlech sin.

Klosen : D'accord. Deen Opruff do ass jiddenfalls esou klor ewéi Boulettezépp a mecht der Joffer Anne-Marie, ons Sekretärin all Eier. Mais mir müssen ons op eng Aentwert gefasst machen.

Mathes : Waat fert dir dann?

Klosen : Wie wees? Mir müssen mat allem rechne. Mir müssen d'Sach esou gesinn wéi sie wirklech ass. Net d'Joffer Bink entwert hirer Rivalin, der Joffer Mathes, mais d'Joffer Marie-Anne entwert hirer Schwester, der Joffer Anne-Marie.

Anne-M. : Déi Feindschaft teschend menger Schwester a mir déi ass och net vun haut a geschter. Sie besteht vun je hier, an enneft allen Emstenn. Dir könnt daat jo hei selwer gesinn. Wéi ech mech ugebuede hun fir eng Saach ze schaffen, dun ass meng Schwester direkt an Oppositioun gang. Wann mir ze vill bescheiden bleiwen, dann iwertrompt sie ons. Gleewt mir es, wann dir héiert mat wat fir Meitelen sie géint ons kämpft, da fand dir meng Ausdreck nach vill ze mëll.

Klosen : An deem Fall ass den Opruf och vu mir ugeholl.

Mathes : Elo heescht et dann deen Appel do esou séier wéi méiglech ennert d'Leit ze brengen.

Anne-M. : Ech duecht jidderengem vun Iech deen Text an d'Hand ze gin éier en am Duerf ausgedeilt get, an dofir hun ech direkt e puer Durchschléi gemacht.
(get jidderengem een a behellt nach een virun sech leien)

Klosen : Dir denkt awär och un alles.

Mathes. : (steet op) Da loosse mir keng Zeit verléiere. Gitt Dir mat dir Damen?

Klosen : Selbstverständlech.

Mathes : An dir och Anne-Marie?

Anne-M. : Neen, waann et iech neischt aus mecht, well ech nach gär e beschen mam Simone iwert d'Gewunnegten an d'Meenungen vun verschiddene Leit schwätzen.

Mathes : Ech verstinn.. Dir wellt Iech dobaussen sou wéineg wéi méiglech weisen, fir erer Schwester net ze begéinen. Dir sidd do an enger pénibler Situatioun. Ech bedaueren er aarme Mamm. Kommt dir Dammen.
(Allen 3 zur Metteldir aus)

xxxx

II Scène

Anne-Marie, Simone

(Soubaal sie aus gin, fänken déi zwee un ze laachen)

Anne-M. : (zum Simone daat ze haard laacht) Net esou haart, sie sinn nach weit ewech. Op eemol héieren sie dech.

Simone : Ma du kanns richteg Theater spillen.

Anne-M. : Hun ech meng Roll gudd gespillt.

Simone : Grossarteg. Mais huel dech anuecht, lo werden déi aaner gleich kommen.

Anne-M. : Daat mecht neischt, ech gesinn schnell aaneschters aus, wou ass daat klengt Zemmer waas du gesoot has?

Simone : (Geet mat him bei déi rechts Dir a mecht sie op) Hei. Do ges du net gestéiert. Dass e klenge Raum wou nemmen aale Pabeier getesselt gouf. Ech hun e botze geloos. Do fend keen dech, mais denk drun all Kéier den Tour rondem ze machen, wann een hei bannen ass. Do zu der Dir eraus könns du erem an de Gank.

Anne-M. : Prima.

Simone: Opgepasst, ech héieren é kommen, allez, eran mat dir an d'Dir zougemach.
Pass op mein Zéchen op, da wéss de wien hei bannen ass.

Anne-M.: An der Rei (rechts fort)

III. Szén

Simone, Mme Haupesch, Mme Stemper, Jeffer Petesch. Wann déi drei eran kommen bléist d'Simone an eng Peif)

Haupesch: Oh, wat hut dir mech elo erschreckt.

Simone: Entschöllegt Madame, mais ech muss onbedengt peifen, all Kéier wou dir hei eraner kommt.

Haupesch: A wuerfir dann?

Simone: Ma ech hun dat esou ofgemach mat dénen zwé Médercher, déi am Bureau niewendrun setzen. Si haben déi schlecht Gewunnegt, just während enger Konferenz bei mech eran getrollt ze kommen. Sou wann se meng Peif héieren, dann wössen se dat se net därfen erakommen.

Petesch: Mais dat dét mir wéi an den Oueren.

Simone: Et dét mer léed, Joffer, mais ech wosst kén aneren Rot. Soss misst de Ge- mengerot dofir stömmen, dat ech eng elektresch Schell hir gemach kréien.

Haupesch: Ma et ass lo grad de richtege Moment derfir. Da gengen se ons derno nach virwerfen, mir gengen der Gemeng hirt Geld ewech geheien.

Simone: Dofir insistéieren ech jo och net. An bedenkt, dat dir duerch déi Peif secher sidd, dat kén hei eran könnnt, dén neischt mat iech ze din huet. Esou könnnt dir wéinestens roueg iwert alles discutéieren.

Haupesch: Wéi. Huet déi aner Partei dann en anert Zéchen?

Simone: Jo, fir d'Joffer Matthes muss ech eng Kéier an d'Trompett blosen.

Petesch: Dé Koméidi do huet nach just gefélt fir d'Leit nach e besschen méi op- zedréinen.

Haupesch: Wéi wann se et nach net genug wären. Ech hun d'Leit vun Cesseng nach nie esou nervös gesin. Sie sin esou opgeregt, dat én mat allem rechne muss.

Petesch: D'as wouer, ele enesch stong e Group Leit aus dem Duerf op der Platz ze diskutéieren. Ech hun e grousse Bou lanscht se gamach. Sie waren bal en un en aner gangen.

Haupesch: (gét bei den Desch) Mei Gott, wuer gét dat nach hin? Ech kann net drun denken (zéit en Ziedel erbei, dén d'Annemarie leie geloss huet) a wat ass dat hei? (setzt sech a liest. No enger Weil) Oh!

Petesch: (gét bei se) Wat get neis?

Haupesch: Oh! Ooh! oooooH!!!

Petesch: Félt iech eppes?

Haupesch: Die Damen, kuckt iech dat emol un. Liest dé Fatz, ech geng soen dén Torchon do emol, dén an all Haus gescheckt get. Oh! Fich. Joffer Petesch, liest emol, an dir och Mme Stemper.

Stemper: Ech och! Muss ech?

Haupesch: Ma natirlech! Schummt dir iech net fir déi lächerlech Streck do nach an Hänn ze huelen, ganz éfälleg är Maschen ze ziélen, während én déi res- pektabelst Persoun aus dem Duerf beleidegt.....wat soen ech, an den Dreck zéit.

Stemper: Wat? Gét vun mir Rieds an dém Bréif?

Haupesch: Ma nén, wat eng Idee, vun der Joffer Bink.

Stemper: Ah sou! (stét ganz ongär op fir ze liesen)

Petesch: (déri geliest huet) Oh, dat ass abscheilech. (get der Mme Stemer den Zield) A wien huet esou vill Dommhét hei enén erfonnt?

Haupesch: Dir frot nach wien? Ma et ass dach ennerschriwen.

Petesch: D'Joffer Mathes?

Haupesch: Kén Zweifel. Sie iwerholt d'Veräntwertung. Mais den Text gouf ganz bestömmert vun der Kreatur vun Sekretärin opgesât.

Petesch: Vum Anne-Marie?

Haupesch: Natirlech. Glecklecherweis wor den Himmel ons gudd an huet ons déi bescht vun dénen zwou Schwestern gescheckt.

Stemer: (huet ferdeg geliest, zéit d'Schöllereng eng Kéier héich, a gét zreck op hir Platz)

Petesch: Ech sin genau ärer Ménung. Wann én bedenkt, dat e mir op déi aner gefall woren, ech zidderen, wann ech nemmen drun denken.

Haupesch: Op der enger Seit d'Marie-Anne, esou distinguéiert....

Petesch: ...esou korrekt....offen.

Haupesch: An op der aner Seit dat Anne-Marie, d'Frechhét, Onverschimthét, Verduerwenhét a Persoun.

Petesch: Et kann én et bal net gléwen. Ech froe mech nemmen, wéi et méiglech ass, dat en 2 Schwestern esou verschidden können sin. Well éierlech gesot, sie gleichen sech keng Grimmel.

Haupesch: Äusserlech gesin, villeicht e besschen.....

Stemer: (déri eröm streckt)...Ech fannen, si gleichen sech iwerhapt net.

Haupesch: (zur Mme Stemer) A wéi kennt dir esou eppes behaupten, dir huet déi ganzen Zeit nach neischt aneschtes bekuckt wéi är Streck?

Stemer: Wann ech och net ömmer soen, wat ech denken, dann héscht dat awer nach lang net, dat ech och neischt anuecht huelen.

Petesch: Ech fannen, dat én se allenzwé schons muss vun ganz no kucken, fir e Vergleich ze fannen. D'Natur mecht oft déi gelungenst Sachen. Nujé, losse mer rem zreck op dese Bréif kommen. Dir Dammen, dén Opruf hei ass eng richteg Erausforderung. Wat mache mer do?

Haupesch: Wat eng Fro! Mir müssen d'Joffer Bink sou séier wéi méiglech prévenéieren. Kommt mir gin se sichen.

Petesch: Virwat? Sie könnt dach elo gleich.

Haupesch: (feierlech) All verluer Minut, déi mir an onser Conter Attaque verléieren kann sech fatal auswierken. Allez'hop, Mme Stemer, virun!

Stemer: Virun? Wou hin?

Haupesch: An de Kampf. An d'Verteidigung! Dem Sieg entgéint! (gét aus, Joffer Petesch hir no)

Stemer: (stét op, béis) Elo ass mer eröm eng Masch gefall! Déi Streck hei get voller Féler! (an dem se aus gét) Eoh hätt gut Loscht, d'Politik falen ze lossen (fort)

IV. Szén

Simone, Anne-Marie

(Sou bal d'Simone eleng ass, peift et 2x, d'Anne-Marie kennt virsichteg zur Metteldir eran, nodem et gekuckt huet, op wirkledh kém méi do ass. T'sel-wecht ugedoen wéi virdrun)

Simone: Du kanns roueg kommen. Sie sin fort.

Anne-M.: Ech passe léiwer op.

Simone: Du kr uchs keng Angscht ze hun. Wann ech 2x peifen, dat héscht, dat kén hei ass.

Anne-M.: Ech muss mech erescht dorünnner winnen.

Simone: T'ass dach ganz einfach: lx gepaff ass fir d'Joffer Bink oder hir Leit (peift lx) an lx an d'Trompette geblossen ass fir d'Joffer Mathes oder hir Equipe. (bléist an eng kleng Troter) E puer mol gepaff, ass d'Loft frei. (blest 2x an d'Peif an dann an d'Troter) Du geseiss, dass einfach wéi Bonjour.

Anne-M.: Du blés nach ewel gud elo dran, du wärs gudd fir bei d'Musek

Simone: Ass dat da keng guid Jidje vu mir?

Anne-Marie: Fir mech op jiddefall patent, ja wäss ech weineastens wou ech dran sin an wéi ech mech muss présentieren. Wéi fends de meng Blouse?

Simone: Sie gét der net schlecht.

Anne-M.: Gell? A geseis de, sie ass gald fir all Zweck. Decoltéiert fir d'Joffer Mathes an bis uewen zougekneppt fir d'Joffer Bink. An dat a ganz kurzer Zeit (mecht et)

Simone: An dei Brell?

Anne-M.: Hei ass en! (Dét de Sonnebröll un) Lo brauch ech mech nemmen e beschen anescht ze kämmen, d'Schmink ofzereiwen, an d'Marie-Anne ass ferdeg.

Simone: Nonnbar! Wanns du mein Mantel brauchs, genéiertdech net, ech lossen en hei häنken.

Anne-M.: Merci

Simone: Véss du net, wat d'Mme Haupesch elo eneschzt zur Joffer Petesch sôt.

Anne-M.: Nén.

Simone: Ma sie sot, sie hätt nach nie Zwillingschwesteren gesin, déi sech esou wéineg gleichen. Et wär tatsächlech ké Verglach do.

Anne-M.: Abé, desto besser. Dat hat ech mer zwar net erward, mais elo héscht et aushalen bis un d'Enn.

Simone: Mengs de du gengs dat ferdeg brengen?

Anne-M.: Natirlech! Ech muss. Mais t'ass net einfach.....Gott sei Dank wann d'Wahlen do sin.

Simone: Nach 1 Mount.

Anne-M.: 30 Dég

Simone: 31

Anne-M.: Nat hun ech eng Chance!

Simone: D'ass eng Sach vun Gewunnegt. Ech muss gestoen, dass de dech des Woch gudd eraus gezun hues.

Anne-M.: Mais fro net wéi. Ech kommen mer vir, ewéi wann ech bestänneg geng Stoppes spinnen, siew et mat der enger, siew et mat der anerer.

Simone: Ech gléwen, dat et ustrengend ass.

Anne-M.: An wat d'Sach nach méi komplizéiert mecht, ass dat ech am Hotel wunnen. Ech hun 2 Zemmer fir mech eleng.

Simone: Véi?

Anne-M.: Ech présentieren mech dem Patron fir d'escht als Marie-Anne, an e beschen méi spéit als Anne-Marie, oder ömgédréit.

Simone: Véi dann, klömmst de dann zur Fenster eraus?

Anne-M.: Ech muss jo bal. Wéi soll ech et dann aneschters machen. Ech muss och déi zwé Better verwullen an e beschen Duerchernén an all Zemmer machen, dat én och geseit, dat se benutzt sin.

Simone: Wät eng Affaire. An et huet nach jén eppes anuecht geholl?

Anne-M.: Net, dat ech wisst. Ech passen awer och op ewéi e Spötzbouf.

Simone: Dat gléwen ech.

Anne-M.: Méi léiwt Simone, ech versecheren dir dat ech 14 Dég Vakanz machen, wann ech déi Sach hei op e gudd Enn brengen.

Simone: Déi hues du dann och verdengt.

Anne-M.: Op wien warde mir dann elo?

Simone: Mir warden o d'Joffer Bink an hir Leit déi bestömmmt vun der Joffer Marie Anne verlangen eppes géint déiskandalösen Opruf vun hirer Schwester Anne-Marie ze ennerhuelen.

Anne-M.: Dat gét. Ech kennen d'Antwert schons.

Simone: Eng gepeffert?

Anne-M.: Nat mungs de wuel?

Simone: Mungs de net, du gengs e beschen ze weit?

Anne-M.: Nén, firwat?

Simone: Ech mengen, du bass an engem Eifer fir se én géint déin aneren opzehetzen, dat et schons aus der Rum fällt.

Anne-M.: Dat sin d'Regelen fir d'Wahlpropaganda.

Simone: Ouni Zweifel. Mais bedenk, et dauert nach eganzen Mount bis zu de Wahlen. Ech froe mech wuer dat nach hinféiert, wanns du elo schons mat esou harder Argumente könns.

Anne-M.: Ma ech muss hinnen dach beweisen, wéi netzlech dat ech sin. Fir hirt Geld kréien se och eppes gebueden.

Simone: Jo, mais et handelt sech dach och net nemmen öm déi puer Kandidatinnen, d'ganz Cesseng huet sech schons an zwé gedélt. D'Fraen aus dem Duerf, esou gudd wéi déi vum Schlass versammelen sech, schwätzen, diskutéieren, um Mart geroden se un en aner, an de Wirtschaften get gestridden.

Anne-M.: Dat ass dach ganz amusant.

Simone: Fends de? Mais et kann en et bal mat der Angscht ze dun kréien. Wéss du net wat geschter do uewen beim Tip geschitt ass?

Anne-M.: Ah, d'Joffer Mathes huet mer eppes dovun erzielt.

Simone: Du hues also nemmen eng Klack lauden gehéiert. Et gong jiddefall hech hir. Op der enger Seit d'Fraen déi d'Joffer Bink engagéiert huet fir den Tip verschwannen ze lossen, op der aner Seit eng Equipe vun der Joffer Mathes hiren Unhängerinnen, an déi hun de Geck mat en gemach.

Anne-M.: An dann? Hun se sech gestridden?

Simone: Jann et alt nemmen dat wär. D'Fraen um Tip déi sech dat net gefallen geloss hun, hun op hir Manéier geántwert, an zwar hun se mat Dousen an ale Flaschen no hinnen geworf. An déi, net faul hun dat selwecht gemach. D'Bampréiterin huet misse kommen fir se vun en aner ze huelen.

Anne-M.: (lacht) Oh, wät wär ech do gär dobai gewiescht!

Simone: Jo, et gong schro hir, an ech muss dech prévenéieren dat déi Sach wahrscheinlech bis un d'Poliz gét. Et kann also gudd sin, dat e mer geschwenn eppes vun dèr Seit ze héieren kréien.

Anne-M.: Losse mer emol ofwarden. Ent stét fest, ech kann elo net méi zreck. Iwregens sin ech iwerhapt net Méschter iwer meng Persoun, wat soen ech... iwert meng zwou Persounen. Allen zwou reagéieren se nemmen op déi Uerder déi se kréien, an du kanns mer et frei gléwen, an der Hinsicht hun ech mei Gewesse frei.

Simone: (lacht) Aremt Kand!

Anne-M.: (séier) Ech héieren é kommen.

Simone: Jo, lauschter! T'ass d'Joffer Bink.

Anne-M.: Bass de secher?

Simone: Ech kennen se um Schrett. Lo könnnt se d'Trap erop, séier géi mach dech an d'Rei.

Anne-M.: Gut (rechts bei d'Dir)

Simone: Vergiess net d'Schmink an de Leppesteff ofzereiwen.

Anne-M.: Lé dei Kapp a Rou (rechts aus)

V. Szén

Simone, Joffer Bink, dann Anne-Marie
(Joffer Bink kennt zur Metteldir eran. D'Simone peift eng Kéier)

Bink: (erschreckt) Oh!

Simone: Entschellegt, Joffer, mais et ass wéint den.....

Bink: Jo, jo, ech wéss, mais ech kann mech nach emmer net drun winnen. Mir müssen do eppes aneschters fannen. (mecht de Mantel op) Ass d'Marie-Anne net hei?

Simone: Nén, Joffer, mais et wärt schons gleich kommen, wann dir et bestallt hut. Hut dir d'Mme Haupesch net begéint?

Bink: Sie kommen allen drei hannendrun. Dat sin der ewéi Mumien. Onméiglech fir e Schreck méi séier mat en ze goen. Ech hun se einfach ofgehängen.

Anne-M.: (zur Metteldir eran - tenue Marie-Anne) Bonjour Joffer.

Bink: Ah, do sid der jo, Marie-Anne, ech si frout dat der komm sidd. Ech brauch direkt är Hellef.

Anne-M.: Ech si prett, Joffer. Wat presséiert dann esou?

Bink: Tei wesst dir dat nach net; Huet dir den beleidegende Ziedel, dén vun Haus zu Haus soll goen nach net geliest?

Anne-M.: Nén.

Bink: Oh! Heit, heit liest (get em den Ziedel)

Anne-M.: (liest a stellt sech iwerrascht) Oh! Oh!wéi gréisslech.

Bink: Gesit dir déi Dommhéten, Verleumdungen, déi iwert mech verbrét gin. A west der och wiem dat doent ausgebrét huet?

Anne-M.: Menger Werrecht! Dat kann nemmen d'Anne-Marie gewiescht sin, ech erkennen sei Style eröm.

Bink: Ech wor iwerzécht derfun, an d'Joffer Mathes lest esou eppes zou.

Anne-M.: Keng Angscht, Joffer, mir äntworten drop.

Bink: Ech hoffen dat awer och.

IV. Szén

Simone, Joffer Bink, Anne-Marie, Mme Haupesch, Joffer Petesch, Mme Stempfer.

Bink: (zu dénen drei, déi ausser Otem zur Metteldir erakommen). Ah! sit dir ändlech do! Musse mir iech Rollspong kafen fir dat der nach mat virun kommt?

Haupesch: Hätte mer dann sollen lafen. Esou schlömm ass déi Sach och alt net.....

Bink: Fand dir?

Petesch: Secher, wuerfir solle mir ons esou tommelen?

- Stemper: (setzt sech bei den Dösch an höllt d'Streck eraus) Ech sin net gemach fir eng Gelcours.
- Bink: (hart) An ech soen, dat e mer keng Minut derfen ze verléieren fir op dé Erausfuerderung do ze äntworten. Allez hop, huelt iech Platz, Marie-Anne kommt dir hei niewt mech setzen. (sie setzen sech; vu lenks no rechts: Mme Stemper, Anne-Marie, Joffer Bink, Mme Haupesch, Joffer Petesch)
- Bink: Simone, losst ons e Moment eleng wann ech geliwt.
- Simone: Secher, Joffer (gét zur Metteldir eraus)

VII. Szén

Mme Stemper, Anne-Marie, Joffer Bink, Mme Haupesch, Joffer Petesch

- Bink: Dir Damen, ech mengen et ass net néideg, dat ech iech muss erklären, wuerfir dé plötzleche Komité hei zesumme komm.
- Haupesch: Nén et ass net néideg.
- Bink: Dir huet also dén skandalosen Bréif gelies, dén d'Unhänger vun der Joffe Mathes wöllen an der ganzer Gemeng verbréden?
- Petesch: Leider! Ech hun mech nach emmer net ganz dervun erholl.
- Bink: Er Ménung, Mme Stemper?
- Stemper: (déri hir Maschen zielt) 34 - 35 - 36 - 37...Wou vun schwätzt der Joffer?
- Bink: Wéi der wesst net öm wat dat et gét. Ech schwetzen vun dém Bréif.
- Stemper: Ah, jo, jo!...et ass e gelungenen Bréif.
- All: Oh!!!
- Stemper: Hätt ech dat net sollen soen? Abé, dann entschöllegt....Mais dat ass jo och net esou wichteg. Dir wesst jo, dat ech emmer ärer Ménung sin... 38 - 39 - 40....
- Bink: Dat ass d'Haptsach. Ech hun och keng Zeit, fir iech dat z'explizéieren (zu dénen aneren) Dir sid secher mat mir d'accord, dat mer eppes géint déi Erausfuerderung ennerhuelen.
- Petesch: Secher, secher.
- Haupesch: Mir gin iwerall mat iech hin, op dem Wé vun der Gerechtegkét an der ... Wourecht.
- Bink: Gut geschwat. Ech hun dat och vun iech erward. Mais wat solle mer ärer Ménung no machen?
- Petesch: Mir müssen äntworten, scharf an iwerzégend. Mir müssen ons Ménung soen iwert esou eng Lästerung, esou eng Feighét.
- Bink: Ech si frou iwert àme Wöllen a Courage, Joffer Petesch. An ech sin frou, dat dir op menger Seit stitt fir déi gudd Sach ze verteidegen, déi d'Joffer Mathes wöllt verfuschen.
- Haupesch: Et dét hir nach eng Kéier lét.
- Bink: Ech hoffen et. An dofir musse mir handelen, éer déi Verleumdung Fouss gefasst huet. Gott sei Dank hun mir eng gudd Höllef an der Joffer Marie-Anne, déi duerch traureg Ömstämn mu s géint hir égen Schwester kämpfen.
- Haupesch: T'ass onerhéiert (zum Anne-Marie) Erlabt der dat ech iech dozeu eng Frô stellen?
- Anne-Marie: Ech lauschteren.
- Haupesch: Huet dén Onfridden an déi Rivalitéit schons emmer zweschend iech bestånen
- Anne-M.: Emmer!
- Haupesch: Och schons als Kand?

- Anne-M.: Wéi mir 10 Joer âl worn, du huet et mer all meng Poppen futti gemach.
- Haupesch: Schon mat 10 Joer. T'ass net méiglech.
- Anne-M.: An zu 6 Méint huet et mer schons mei Stöppchen ofgeholl.
- Haupesch: Aremt Kand.
- Petesch: A wén soll et dann op déi Idee bruecht hun fir hir op Cesseng ze kommen, ech huelen net un, dat et wéint ärer hir komm ass?
- Anne-M.: Ewéi et héieren huet, dat ech hei war dun hat et neischt aneschteres ze dun, fir esou séier ewéi méiglech och heihinner ze kommen, ewéll et huet emmer nemmen eng Suerg, an zwar déi, wéi et mir ka Klöppelen an de Wé léen.
- Petesch: Dir sidd alsä berét géint et ze kämpfen, égal wéi hat ons ugreift.
- Anne-M.: Wann ech et fir néideg fannen, dann greifen ech selwer un. Hat ass nämlech zu allem fäheg. Ech bekämpfen et a kascht et mech och mei Kapp.
- Haupesch: Dat verlange mir net vun iech.
- Bink: Mir soen iech jiddenfalls, villmols merci fir den Eifer an déi Ausdauer mat der dir fir ons gudd Sach schafft. Wéi stellt dir iech dann elo déi Antwort fir.
- Anne-M.: Déi muss zack, zack sin.
- Bink: Dreckt iech méi gené aus.
- Anne-M.: (stét op) Kuckt op dem Pobeier do sin 2 Wieder, arrogante, an wann én bedenkt adresséiert un déi respektablest Persoun aus dem Duerf. D'Joffer Bink get als iwerspannt an Abenteuerin tituléiert. Jo, dir Damen, op déi zwé Wieder mussen mir äntworten. Mais wât? Sollen mir op déi selwecht Art a Weis äntwerfen, elle Wieder a Verwünschungen gebrauchen? Nén, dir Damen, losse mir déi kleng Géschter sech op déi Manéier ausdrecken, mir follegen hinnen net op dem Wé.
- All: Bravo! Bravo! (klappen an d'Hänn, och d'Mme Stemper, lét d'Streck op d'Seit a klappt an d'Hänn mat Verspíidung)
- Anne-M.: Wourem gét et eigentlech? Op der enger Seit stét eis honorabel Joffer Bink, déi énzeg Fra am ganze Land déi d'Verantwortung vun enger ganzer Gemeng dréit.
- All: (applaudéieren)
- Anne-M.: Sie huet de Männer, déi zenter johrhonnerten géint eng Zesummenarbecht mat de Fraen waren, bewisen, dat d'Fraen sie och ersetzen können, an eso guer mat Virdéler op égal wat fir enger öffentlecher Fonktioun.
- All: Bravo! Bravo! (Mme Stemper eröm ze spéit)
- Anne-M.: D'Joffer Mathes iwerlét net, dat wann d'Männer erem eng Kéier bis an der Gemeng sin, dat sie ons dann vun onser Platz dreiwen, an dat ass, wat on bleit, dir Damen! Wat mir géint esou en Ongleck könne machen, ass ganz einfach. Géint déi Ligen a Verleumdungen vun der anerer Seit musse mir mat Verstand entgéint trieden. Mir müssen Argumenter sichen, déi d'Mass iwerzégen. (ganz eifreg) Mir müssen d'Wourecht sichen, se iwerall mat grousse Schreften ophänken, an dat sprengt de Leit an d'Aen, wéi wann én et hinnen geng an d'Gesicht geheien. Jo dir Damen, esou werde mir siegen. (huet zum Schluss der Mme Stemper hir Woll geholl an duerch Zömmer gepucht. Déi récht sech op a léft hirer Streck no)
- All: (opsprangen) Gut esou, gut, Bravo (klappen an d'Hänn)

VIII. Szén

Déiselwecht + Simone

(Während sie an d'Hänn klappen könnt d'Simone zur Metteldir eran. Hat gét bei d'Joffer Bink a versácht hir en Ziedel an d'H ànn ze gin dén se liese soll)

Simone: Joffer

Bink: Wat héscht dat do? Ech hat iech dach extra gesot dir sollt ons net stéieren.

Simone: Entschöllegt, Joffer, mais mir hun hei e ganz wichtige Message kritt.

Bink: E Message, a vun wou?

Simone: Vum Polizeikommissariat.

Bink: Wéi a wat hätten déi da gären vun ons?

Simone: Liest emol.

Bink: (liest) Polizeikommissariat. No dénen villen Zwöschefäll déi bis elo an ärer Uertschaft während der Wahlcampagne virkomm sin, hun mir et néideg fond e Schwadron Gendarmen op Cesseng ze schecken, déi fir Uerdnung suergen. Ech bieden iech dat Néidegst ze ennerhuelen fir d'Logement an d'Verpflegung vun déne Männer. De Polizeipresident. Ahh!

H aupesch: Ass dat erlaut!

Petesch: Mais dat ass e Skandal!

Bink: En Skandal! Dat ass de richtegen Ausdrock. Déi Hären wöllen ons färten sin, well se jaloux sin iwert déi gudd Resultater an eiser Verwaltung. Lo schecken se ons d'Gendarmen, wéi wa mir Verbriecher wären. An da menge déi, mir gengen ons dat gefäle lossen. (zum Simone) Git ruft mir Rupesch Kett.

Simone: D'Bammprétesch?

Bink: Jo, sie soll éncock heihinner kommen, an hir Tromm matbrengen.

Simone: Gut, Joffer (gét zur Dir an der "ett aus")

Bink: Marie-Anne!

Anne-M.: Jo Joffer?

Bink: Préparéiert mir direkt en Opruf un all Leit. Ech woll op ké Fall dat déi Männer ons Uertschaft iwerhapt betrieden. D'Fraen vun Cesseng werden bewisen, dat sie kapabel sin hinnen de Wé ze sperzen, an dat sie keng Arméi brauchen fir Uerdnung an hir Gemeng ze kréien. Verstân?

Anne-M.: Ech hun verstân, Joffer.

IX. Szén

Joffer Bink, Anne-Marie, Mme Haupesch, Joffer Petesch, Mme Stemper, J.Mathes

Bink: (zur Joffer Mathes, déi zur Mett eran könnt) Ah dir sidd et, ma dir kommt mer elo grad zu pass.

Mathes: Wéi?

Bink: Liest dat do emol (get hir de Message)

Mathes: Nat ass et?

Bink: Liest da gesit der et.

Mathes: (liest ganz schnell) Oh!

Bink: Dat ass d'Resultat vun ärer niderträchteger Politik; sou weit sin mir elo komm mat ärer lächerlecher Wahlcampagne, ären verleumdereschen Zieldelen.....

Mathes: Ah! Pardon.....

Bink: Dir wöllt jo, dat d'Männer sech sollten un den Gemengenaffaires bedélegen. Abé, da könnt dir elo zefritten sin, sie kommen, muer sin se do mat de Kasquen, de Gewierer, Kanounen asw.

Mathes: Mais dat wollt ech net hun!

Bink: Wat der net sot!

Mathes: Ma dir hat dach ugefang! Wat ons do virgeworf get, dat ass dach hapt-sächlech ärt Wierk. Dir hut alt eröm onbedengt no ären Prinzipien gehandelt.

Bink: Ech brauch mir keng Reprochen ze machen, ech hun neischt ennerholl wat géint d'öffentlecht Wuel vun den Awunner war.

Mathes:Wéi, an déi arem Fraen dann, dénen dir zoumut um Tip ze schaffen, d'Fraen, déi Kantoniersarbechten machen, déi Pompiers musse sin. Gestí dach an, dat dât ennert hirer Würde ass!

Bink: Ech verléieren meng Zeit net gär fir mat iech ze diskutéieren. Dir hut är Ménung an ech hu meng. Fir de Moment muss ech mech géint Polizei-gewalt wieren, an dir wert schons gesin op wéi eng Manéier.

X. Szén

Déiselwecht, Simone an d'Mme Rupert

Simone: (könnnt eran) D'Madame Rupert ass hei.

Bink: Gut losst se eran kommen. (Simone léist se eran. Am beschten eng grouss stark Persoun, mat kräfteger Stömm an déi wéss, wat se wöllt. Huet d'Baumpreteschkap un an d'Tromm) Da kommt Mme Rupert (zum Anne-Marie) Sid dir ferdeg?

Anne-M.: Heit Joffer.

Bink: Merci (liest séier) T'ass gud esou (zur Joffer Mathes) Hei ass meng Äntwert, Joffer Mathes, dat ass, wat ech dénen ze soen hun, déi sech erlaben hir Nues an aner Leits Sachen ze strecken.

Mathes: Liest emol.

Bink: Secher, oder nach besser.....d'Mme Rupert liest ons et vir, déi Dammen sollen et als escht ze héieren kréien, éer d'Mme Rupert den Tour dermat durch d'Gemeng mecht.

Rupert: Mat der Tromm?

Bink: Natirlech.

Rupert: Gut. (schléit d'Tromm. Sie stellen sech all rondöm d'Mme Rupert) Awunner vun Cesseng!
D'Joffer Bink, Burgerméchter vun Cesseng délt iech folgendes mat. E ganze Schwadron Gendarmen soll an ons Gemeng kommen a wöllt hei ons Wahlcampagne sabottéieren. Dat géit ze weit. D'Fraen vun Cesseng werden sech hirer Aufgab bewosst sin. Sie versmáhen mat alle Mettelen sech géint déi Arméi ze wieren (schléit nach eng Kéier op d'Tromm, der Joffer Bink hir Partéti klappt an d'Hänn)

Bink: Bravo, Mme Rupert! Git dat doen an d'Duerf ausrufen, all 10 Meter.

Mathes: Ma mén, dir wert dach net?

Bink: A virwat dann net?

Mathes: Dat ass d'Leit opgestöppelt. Dat get Koméidie am Duerf et gin Kleppereien an esou guer vielleicht Verwondter. Dir könnt dach net veräntwerthen d'Ursach vun engem eventuellen Biergerkrich ze sin.

Bink: Et wor nach nie meng Gewunnegt virun enger Drohung ze kapituléieren. Wann déi Männer gesin, mat wém s'est ze din hun, dann dréien se eröm öm.

Mathes: Dat ass guer net esou secher. Op jiddefall, ech gin menge Leit beschét soen.

Bink: Wéi dir wollt, mir halen iech net zreck. (Mathes zur Metteldir eraus)

XI. Szén.

J.Bink, Mme Haupesch, J.Petesch, Mme Stemper, Anne-Marie, Mme Ruppert, Simone

Rupert: Soll ech dann elo goen?

Bink: Jo!

Haupesch: Eng Minut nach, w.e.g.l.

Bink: Wéi?

Haupesch: Ech wollt nach eppes derzou soen.

Bink: Gud, mais tommelt iech.

Haupesch: Well d'Joffer Mathes Beschéd iwert des Affaire wéss, war et net schlecht, wann mer ons gengen vrun hir anuecht huelen.

Bink: Tat färt uir dann? Sie kann iwerhapt neischt machen.

Haupesch: Dat ass net esou secher.

Bink: Huet dir se dann net bekuckt? Sie war ganz verléen. Sie wosst neischt aneschtes z'ennerhuelen wéi hire Leit déi Sach matzedélen. Ech kann mir net virstellen, wéi sie eppes géint ons Dezisioun könnt ennerhuelen.

Haupesch: Ech färten sie selwer jo och net, mais hir Umgebung. Ech denken selbst-verständlech net un d'Mme Klosen an d'Joffer Schreinér, well déi hun net vill Fantasie, mais hir Sekretärin.

Bink: D'Anne-Marie?

Haupesch: Natirlech. Déi gét selwer guer ké Risiko an. A wat kann déi net alles virschloen fir ze révältéieren. (zum Anne-Marie) Mengt dir net och?

Anne-M.: Bei him kann e mat dem Schlemmsten rechnen.

Haupesch: Gesidd der.

Bink: An dann? Tat solle mir dann do machen?

Haupesch: Ech hun eng Idée.

Bink: (ongedölleg) Ma da sot se. Macht et net esou spannend.

Haupesch: Ma, well d'Anne-Marie ons hönnert, losse mer et verschwannen din.

Bink: (opgerégt) Wéi wat?

Petesch: Tat sot dir?

Haupesch: Oh! Berouegt iech, ech hun net wölles et ömzebrengen. Ech wollt nemmen virschloen fir et während enger Zeit op Nummer secher ze setzen, Ver-stitt dir?

Bink: Dir hätt gären mir sollen et aspären?

Haupesch: Dat héiert sech net gudd un. Mais et könnt én et vielleicht op irgend eng Manéier hei hinner lackelen an dann versichen fir et ze bekéieren, et z'iwerzégen. Wat mengt dir?

Anne-M.: D'ass net néideg. niemols wär meng Schwester d'accord fir mat mir zesum-men ze schaffen.

Haupesch: Et get verschidden Mettelen fir én fir eng Sach ze gewannen.

Anne-M.: Nén, hat léisst sech net bestiechen.

Bink: Ech sin och der Ménung. D'Marie-Anne kennt seng Schwester vill ze vill gudd vir ze wössen wéi et an esou engem Fall réagéiert. Mais d'Idee fir et heihinner kommen ze lossen ass trotzdem net schlecht.

Anne-M.: (onroueg) Ma nén. Macht dat net. Dat ass verlueren Zeit.

Bink: Ouni Zweifel, mais et kann én déi Sach och anescht upacken. Als Buerger-méschter ass et mir méiglech, ass et esouguer ubruecht, dat ech dat Méd-chen als eng öffentlech Gefohr duerstellen, an esou kann ech hönneren nach weider eppes géint ons ze ennerhueelen.. Wat sot dir dann dozou?

Petesch: Eng gudd Idée. Ech sin d'accord.

* Haupesch: Et ass nach besser, wéi meng Propositionoun.

Anne-M.: (verzweifelt) Ma nén, t'ass net méiglech. Hat ass vill ze vill misstrau-esch.....

Bink: Bewegegt iech, Marie-Anne, glecklecherweis 'hun ech e sechert Mettel fir et heihinner ze kréien. Mme Rupert git mit et sichen.

Rupert: Secher garen? Wouhinner? Et ass dach hei.

Bink: Wéi?

Rupert: Et ass hei op der Mairei.

Bink: Dir irt iech ganz bestömmmt. Dir hut et secher mat senger Schwester verwieselt.

Rupert: (ganz bestömmmt) Ma nén. Ech wéss dach, wat ech soen. Ech hun et de Muer-gen gesin eran goen, an ech si secher, dat et nach net erausgangen ass.

Bink: Allez, allez.... Simone, hut dir et gesin?

Simone: Secher, et war hei an der Versammlung vun der Joffer Mathes, mais duerno ass et erem fortgangen.

Rupert: (béis) Wat dann? Ech sin dach net geckeg. Et get nemmen é Wé fir eran an eraus hei ze goen, an dé Wé féiert lanscht meng Dir. An ech wéss genau, wien eran an eraus gangen ass, well ech guer net fort war.

Haupesch: Ma wou soll et, dann hei sin?

Rupert: Et ass secher an engem aneren Bureau, oder vielleicht huet et sech an der Schoul verstopppt. Mais et ass op jiddefall hei.

Bink: An dém Fall ass d'Sach fir ons méi einfach. Mir derfen et net eraus los-sen. Allez, dir Dammen, op d'Juegd. Önnersicht d'Haus vum Keller bis op de Speicher. Jidderén hölleft.

Petesch: Mais, et wirt sech ganz bestömmmt.

Bink: Da rufft der eben öm Höllef. (Mme Haupesch, Mme Rupert, ouni Trommel, an d'Joffer Petesch gin an der Mett aus) Dajé, Mme Stemper, réiert iech emol.

Stemper: Ech och?

Bink: A wuerfir net? Allez, kommt mer no (gét lenks aus)

Stemper: (lét hir Streck op d'Seit a gét hir no) Elo hat ech dén Arm bal ferdeg. Oh mei, oh mei, wat ass dat mir e Beruf.

XII. Szén

Simone, Anne-Marie

Anne-M.: Elo get et brenzlech!

Simone: Aremt Kand. Wéi zéist de dech do eraus?

Anne-M.: Keng Ahnung. Mais et schengt d'Gleck ass elo op der Joffer Bink hirer Seit, da muss ech elo erem op der aner Seit nohöllefien.

Simone: Hues de welles bei d'Joffer Mathes ze goen?

Anne-M.: Onbedengt. Mais mat all déne Leit am Haus ass et net méiglech, dat ech eraus kommen ouni dat én et annuecht helt, an dann kennt alles eraus.

Simone: A wat dann?

Anne-M.: Vat dann, wat dann....ech wéss et net. Ech muss emol e beschen iwerléen.

Simone: (weist op d'Dir op der rechter Seit) Géi do eran.

Anne-M.: Mengs de sie gengen mech do net fannen?

Simone: Beroueg dech, ech passen op. Wann sà midd sin mat sichen, dann gin ech der Beschéd, mat der Trompett. Allez, géi schnell hei eran.
(Anne-Marie rechts fort)

XIII. Szén

Simone, dann Mme Stemper, Joffer Petesch, Joffer Bink, Mme Haupesch, Mme Rupert.
Mme Stemper kennt zur Mett eran zur gleicher Zeit ewéi d'Joffer Petesch vun
lenks eran könnt.

Petesch: (zur Mme Stemper) Net gesin?

Stemper: Net gesin? (Gin allen zwé iwert d'Bühn zur anerer Dir eraus, Joffer Petesch zur Mett, Mme Stemper lenks. Simone setzt bei sengem Bureau. Eng Zeit ass et roueg. Joffer Bink könnt lenks eran, d'Mme Haupesch zur Mett)

Bink: (zur Mme Haupesch) Net gesin?

Haupesch: Net gesin! (t'selwecht ewéi virdrun, d'Mme Haupesch gét lenks fort, d'Joffer Bink zur Mett a rennt an d'Mme Rupert)

Bink+Rup: Ohhh!

Bink: Hut dir et fondt?

Rupert: Nén.

Bink: An dann?

Rupert: An dann, losse mer weider sichen.

Bink: Weider sichen. Sid dir ganz secher, dat et net eraus gangen ass?

Rupert: Ech schwieren et.

Bink: Wart dir schons am Keller?

Rupert: Nach net, ech gin elo.

Bink: Nén bleiwt hei. Ech gin léiwer selwer. Et ass besser, wann dir hem Ruecht halt.

Rupert: Passt op. sie kann iech eng spinnen.

Bink: Ech huelen déi aner mat. Git dir net fort vun hei. Wann dir se gesidd, dann schlott eng Kéier op d'Tromm. da wösse mer Beschéd. (gét eraus, rifft hannert der Bühn) An de Keller! An de Keller!

XIV. Szén

Mme Rupert, Simone

Rupert: Stellt iech emol vir. Juegd op eng Fra machen, an dat an enger Mairei, dat huet awer bestemmt nach kén erliewt.

Simone: Dat sin d'Iwerraschungen, déi e Beruf mat sech bringt.

Rupert: (setzt sech op der Mme Stemper hir Platz) Ouf, déi Trapen sin mir an d'Bén gangen! (höllt der Mme Stemper hir Streck) A wat ass dat hei? Eng Streck.

Simone: T'ass der Mme Stemper hir.

Rupert: Déi ass awer schéi voll Fehler! (zéit un der Woll an zéit d'Streck op)

Simone: Passt op. Dir zéit hir eröm alles op.

Rupert: Et get villeicht besser, wann sie ~~et~~ firesch streckt.
(lét d'Strect nidder, dann plötzlech) hei mais....do ass jo nach eng Dir.
Villeicht huet et sech do verstoppt!

Simone: (sprengt op a stellt sech virun d'Dir) Nén, nén, git net dohinner.

Rupert: Virwat?

Simone: Et ass en Ofstellraum..

Rupert: Eben.

Simone: Déi Dir ass zenter Johren net méi opgemach gin. Et ass alles voll Spawek-kem.

Rupert: Dat mecht neischt.

Simone: A Meis. Et ass voll Meis a voll Raten dobannen, heit esou decker.

Rupert: Sidd dir secher?

Simone: Ganz secher.

Rupert: (gét zreck) Dann gin ech net eran. Am Noutfall stellen ech e Verbriecher, mais Meis....Ah nén. Dat ass neischt fir mech! (d'Simone gét sech erem setzen. D'Mme Ruppert gét him no) Wat macht dir do esou de ganzen Dag? Papperassen.

Simone: Et muss é bal. Et ass guer net esou einfach, d'Secrétairin vun enger Mairei ze sin.

Rupert: Abé, léiwer dir ewéi ech. Ech konnt déi Paperassen nach nie ausstoen. (Höllt d'Peif déi do leit) Wat ass dat hei dann, eng Peif?

Simone: Jo.

Rupert: Wat macht dir dann domadden?

Simone: Domadden spinnen ech Police, wann déi Dammen Versammlung hei hun.

Rupert: Net méiglech. Ma sou eng Peif misst ech och nach hun, fir Sonndesd'Autoen unzehalen. Onhémlech, wéi déi ewell hei lanscht gefuer kommen..... Hei an dir hutt och eng Trompett.

Simone: Jo.

Rupert: Kuck do.....Schlussendlech wär et vielleicht besser....Losse mer mol probéieren....(Huet an d'Trompette geblossen, éier d'Simone konnt verhönnernen.

Simone: (jeitzt) Ahhhh!

Rupert: (erstaunt) Wat dann? Hun ech iech elo erschreckt?

Simone: (verzweifelt) Wuerfir hutt dir dann dorannen geblossen? Dat hätt dir net därfen.

Rupert: (déi net verstét) Wéi?

Simone: (gét rechts bei d'Dir...vir sech) Mei Gott, a wat get elo? (klappt un d'Dir)

Rupert: A wat gét iech un?

Simone: Ma....ma....et ass wéint de Meis. Héiert der se net?...d'Trompette déi mecht se geckeg.

Rupert: D'Trompette?

Simone: Ma ja, schnell macht iech ewech....sie kommen geschwönn enhéert der Dir eraus (dreckt se bei d'Dir lenks)
(an dém Moment könnt d'Anne-Marie, tenu Anne-Marie, zur Metteldir eran)

Rupert: Do ass et!
(Anne-Marie léft zur Mett aus. Mme Ruppert, déi d'Tromm erem ugedoen huet, hir no, a schléit op d'Tromm)

Simone: (eleng) Lo hu mer et. Déi Kéier kréien se et! Wat sin ech en Efalt! Virwa-hun ech d'Gudd Fra gewärde geloss, wéi se meng Trompette geholl huet? Wéi soll ech dem Anne-Marie elo höllefén?
(d'Anne-Marie kennt lenks eran gelaf, hinnen drun d'Mme Ruppert, d'Joffer Bink, Mme Haupesch, d'Joffer Petesch an nach méi spéit d'Mme Stemper. D'Anne-Marie léft zur Metteldir aus, déi aner kommen hannendrun a ruffen:
Lo kréie mer et, lo kréie mer et.

(kaum ass d'Mme Stemper dobaussen, kennt d'Anne-Marie erem lenks eran, déi aner hannendrun, lafen rondröm den Dösch, Still gin ömgepucht, d'Streck fällt op de Buedem a get zerträppelt, Pabeier fléit doruechter.
Schliesslech léft d'Anne-Marie rechts zur Dir eran a sperrt zou)

Rupert: Déi Zarra: Sie huet zougespart!

Bink: Kommt, mit schloen d'Dir an!

(All hellefen d'Dir an ze schloen, d'Anne-Marie, wat sech séier an d'Marie-Anne verwandelt huet könnt zur Mett eran)

Bink: Séier, Marie-Anne, kommt séier!

Mnne-M.: Wat ass geschitt?

Bink: Er Schwester huet sech dohannen agespart.

Anne-M.: Losst et net fortlafen. Brecht der Dir an?

Bink: Jo. Kommt ons hellefen.

Anne-M.: Ma secher

(All, mat Ausnahm vum Simone, wat sech mat knapper Nout kann des Lachen enthalen...én hanner dém aneren sou stoussen se sech. D'Anne-Marie stét als lecht)

Anne-M.: Oppassen....Ho....ruck....Ho....ruck!

(d'Dir get no. An d'Fraen trellen iwert en aner a jeitzen!)

R I D E A U

III. AKT

Eng Woch méi spéit, selwechten Dekor, 9 Auer owes.

I. Szén

Simone, Mme Haupesch

Simone setzt hannert sengem Schreibdesch, Mme Haupesch virdrun, firt weider mat erzielen)

Simone: An dun?

Haupesch: An dun, formidabel. Wéi d'Marie-Anne ferdeg war, op émol ass d'ganz Versammlung opgesprungen an se hun vun Begéschterung gejaut an an d'Hann geklappt, mat de Féise getuppt. Sie wollten d'Marie-Anne eraus droen, awer hat wor verschwommen.

Simone: Wou hinner dann?

Haupesch: Ech wéss et net.

Simone: Ma déi Versammlung war dach am Café Fritz?

Haupesch: Jo. Am grousse Sall. Ech huelen un, dat d'Marie-Anne zur Hannerdir eraus gang ass, an dun duerch d'Kichen sech eweg gemach huet.

Simone: Wuerfir ass hat dann fortgelaf?

Haupesch: Keng Ahnung, hat wollt secher kén Merci hun fir eng Sach, déi hat jo am Fong nemmen zum Profit vun der Joffer Bink gemach huet.

Simone: An dun?

Haupesch: An dun wollt d'Joffer Bink vun der gudden Ambiance profitéieren, fir och e puer Wuert ze soen.

Simone: Sie hat och secher vill Succès?

Haupesch: Nén.

Simone: Sou?

Haupesch: Trotz hirer Ustrengung an hirer Riedséilegkét, et huet kén méi geklappt. D'Begéschterung war hin.

Simone: Virwat dann?

Haupesch: Kennt dir iech dat net denken?

Simone: Nén.

Haupesch: Ma et ass dach ganz einfach: d'Joffer Bink war net méi den Hâptmann. Sie huet sech vun hirer égener Sekretairin ausstieche geloss.

Simone: Meng t der?

Haupesch: Anesch kann én sech dat net erklären. D'Marie-Anne ass dermussen beléift.

Simone: Kuck do! An duerno? Wat ass dun gesthitt?

Haupesch: Duerno? Mei léift Kand! Ech zidderen nach, wann ech drun denken. Während d'Joffer Bink nach verzweifelt gesicht huet, de Publikum ze interesséieren, gét d'Dir op an d'Anne-Marie mat der Joffer Mathes an hiren Unhänger kommen eran. Stellt iech d'Situatioun vir. D'Fraen, déi an der Versammlung waren, gouwen vun der Joffer Mathes hiren Leit fortgedriwen. D'Joffer Bink hat nach just Zeit fir no hinnen ze verschwannen.

Simone: An dir?

Haupesch: Ech natirlech och. Ech sin trotzdem net fortgangen. De Patron aus dem Café hat mer erlabt mech an der Salle à manger ze verstoppfen. Fun do konnt ech alles nolauschteren, wat gesot gin ass.

Simone: An du?

Haupesch: An du? Majo, ech froe mech, op ech net gedrémt hun. Fun menger Platz aus hun ech neischt gesin, mais ech hun net gemengt déi Zara vun Anne-Marie ze héieren, mais seng veréiert Schwester, d'Marie-Anne. D'selwecht Stömm, dé selwechten Affet, déi selwecht Iwerzégung. An dén Eifer mat dém et der Joffer Mathes hir Cause verteidegt huet. D'ganz Versammlung war der-bei, kén énzegeen huet et ennerbrach.

Simone: Krut hat dann och esou geklappt?

Haupesch: Genau ewéi bei singer Schwester, geruff, gejaut, geklappt, getrampelt. An duerno huet d'Joffer Mathes geschwat.

Simone: Hun d'Leit hir dann nogelauschtet?

Haupesch: Ech sin net ganz secher. Fun Zeit zu Zeit ass d'Cafés-dir opgangen. Wat se méi geschwat huet, wat d'Begéschterung méi nogeloss huet.

Simone: T'ass wirklech aussergewéinlech.

Haupesch: Dat kann é schons soen. Et kann én et bal net gléwen.

Simone: Wéi mengt der dann, wéi dat geng ausgoen?

Haupesch: Do bestét kén Zweifel. D'Joffer Bink wennt doutsecher, wann s'est ferdeg brengt der Rivalin hir Sekretärin hei eweg ze kréien.

Simone: A wann de Gegendél geng geschéien?

Haupesch: Wéi dat?

Simone: Ma et könnt jo och virkommen, dat d'Marie-Anne der Joffer Mathes geng ennert d'Hänn falen. An dém Fall.....

Haupesch: Do könnt dir roueg sin. Mir halen gudd uecht, d'Marie-Anne helt kén ons ewech. (plötzlech) Mei Gott! Wivill Auer ass et schon?

Simone: 1/2 10

Haupesch: Schons? Ech sin spéit un. Am Schlass gin se all im 10 Auer schlafen. An ech verhenneren iech fir hém ze goen.....

Simone: Ech sin net presséiert.

Haupesch: Trotzdem.....

(söllt just fortgoen. Koméidi hannert der Bühn)

Simone: (stét op) Wat ass dann elo erem lass?

Haupesch: Et geng é soen, do geng én d'Joffer Bink schwetzen héieren.

Simone: An d'Mme Rupert.

II. Szén

Simone, Mme Haupesch, Joffer Bink, Anne-Marie, Mme Rupert.

D'Joffer Bink an Mme Rupert kommen eran, d'Anne-Marie fest an hirer Mett, Anne-Marie d'selwecht ugedoen wéi am 1.Akt)

Bink: Des Kéier hun mir et.

Rupert: An et léft ons net méi fort.

Haupesch: Do ass et endlech! Wéi hut dir et dann gefange kritt?

Bink: Et wor net einfach. Dir kennt mir et gléwen. Wann d'Mme Rupert mer net gehollefhatt, dann wär et mer erem ennert den Hänn entwöscht. D'Haptsach ass, lo hun mer et.

Rupert: Wat machen mer elo mat hin?

Bink: Mir halen et elo hei, bis dat décidéiert ass, wat mat em geschitt. Fir de Moment ass nemmen ent wichteg an zwar, dat et net erem entkönnt. Mme Rupert, fillt dir iech kapabel fir opzepassen.

Rupert: (houferesch) Wann én während 15 Joer Concierge war, dann wéss én wat et héscht eng Dir ze bewachen.

Bink: Gudd, ech vertrauen iech se also un.

Anne-M.: A mat wat fir engem Recht halt dir mech hei gefangen?

Bink: Mat dem Recht, dé jidferén huet, déniwert d'Uerdnung an enger Gemeng verantwortlech ass. Ech betruerchen iech als eng öffentlech Gefohr.

Anne-M.: Dat ass awer net d'Ménung vun jidferengem.

Bink: Dat mecht neischt! Et ass mèng. Allez kommt, Mme Haupesch.

Rupert: Mais, wat machen ech dann elo mat hir? Muss ech elo d'ganz Nuecht mat hir hei setzen bleiwen?

Bink: Keng Angscht. Dé Fall do ass ganz séier régléiert. Simone!

Simone: Joffer!

Bink: Gitt d'Scheffen erbei ruffen.

Simone: D'Scheffen? Em des Auer?

Bink: Jo, rufft se gleich zesummen fir eng aussergewinlech Setzung. Jiddereng énzel muss hir Verantwortung droen.

Simone: Mais déi leien dach schons am Bett.

Bink: Dat mecht neischt. Dann dit dir se erem opstoen. Allez, macht iech op de Wé. Mme Rupert passt gudd op.

Rupert: Dir fannt se duerne sou eröm, ewéi der se verlösst hut.

Bink: Gudd, Simone kommt.

(Joffer Bink, Simone an d'Mme Haupesch zur Metteldir fort. Mme Rupert mecht d'Dir hannerun hinnen zou)

III. Szén

Anne-Marie, Mme Rupert

Rupert: An elo ass et un ons zwé!

Anne-M.: (ganz roueg) Derf ech mech setzen?

Rupert: Wann dir wöllt. Mais bergiesst net déninéidegen Respekt, soss kritt der mat mir ze din. (Setzt sech och)

Anne-M.: Streckt mech un.

Rupert: Firwàt? D'ass net néideg. Eng Bewegung zur Dir, an ech schloen iech mat der Fauscht nidder.

Anne-M.: Nujé, nujé! Dir sidd dach guer net esou schro?

Rupert: Dann iert iech alt net.

Anne-M.: A wann ech dat selwecht mat iech geng machen?

Rupert: Dir? Esou e Krappert! Hahahaha! D'ass dach fir ze lachen.

Anne-M.: Soll ech emol probéieren?

Rupert: You denkt der hin. Ech wär am Stand iech platt ze drecken wéi e Sou.

Anne-M.: Wirklech?

Rupert: Brengt mech net an d'R-serei, ech warnen iech.

Anne-M.: A sou. Mais wat solle mer dann machen?

Rupert: Néi?

Anne-M.: Et war nemmen eng Proposition fir d'Zeit erem ze kréien, soss langweilen mir ons nach allenzwé.

Rupert: Dir sidd net hei fir iech z'améséieren.

Anne-M.: Huet dir keng Kart hei, dann mache mir eng Partie Belote?

- Rupert: Dat geng nach félen. Wat krit ech eppes ze héieren, wann s'ons gengen mat der Kart gesin spille n.
- Anne-M.: Vat mache mer dann? Solle mer schlofen?
- Rupert: Schloft dir wann der wöllt, mir ass dat egal. Fir mech ass et dann och méi einfach fir op iech opzepassen. Ech awer, ech hale Wuecht! (Gapst) Ech sin awer esou midd.
- Anne-M.: Esou e Beruf muss awer ustrengend sin fir eng Fra?
- Rupert: Bis elo war dat net de Fall. Hei zu Cesseng war et emmer schéin roueg, bis dir dann heihinner komm sidd fir Dommhéten ze machen. Zenter 14 Dég wéss ech net méi wou de Kapp mer stét mat all àren Versammlungen déi kén Enn kréien.
- Anne-M.: Dann ass och emol eppes lass hei am Duerf.
- Rupert: Oh, jo, mais et wär och derounst gangen. D'Leit hei am Duerf sin all geckeg gin. An domat gét et net duer. Aus dem ganze Land kommen d'Leit hir virwetzen. Sonndes dann get et eng Verkéiersstockung un der aner hei. Journalisten begéint én op Schrett an Trett, geschter wor esou guer d'Televisioun hei, a virgeschter war et de Radio dén d'Leit ausgefrot huet. Et kann é soen, dir hut ganz Arbecht gemat.
- Anne-M.: Vuerfir beklot dir iech dann, wa Leit an d'Duerf kommen, dann gin d'Geschäfter och gudd.
- Rupert: Do huet der Recht. D'Weinhändler gin net ferdeg mat ausschödden, an alt oft bis an d'Nuecht eran. An ech, ech hun erescht richteg Rou, wann och wirklech alles schléift. Mei Gott, wär dat schon nemmen alles eriwer (gapst erem)
- Anne-M.: Véi mengt der dann, dat et ausgét? Mengt der d'Joffer Bink geng gewannen?
- Rupert: Sie muss!
- Anne-M.: Firwat?
- Rupert: Vat eng Fro. Sie huet mech zum Bampreter ernannt. Wann d'Joffer Mathes gewönnt, da kritt e Mann déi Platz.
- Anne-M.: Ah, an dofir sidd dir esou béiss mat mir?
- Rupert: Ma da setzt iech emol a mei Fall. Wann én eng Sach an d'Rullen bringt...
- Anne-M.: Natirlech. Mais ganz am Fong sidd dir mat der Joffer Bink hirer Politik d'accord? Sidd dir och derfir, dat Männer iwerall vun Fraen ersat gin?
- Rupert: D'Männer sin fir neischt ze gebrauchen.
- Anne-M.: Vat wesst dir dann dovun?
- Rupert: Ech hat én fir mech ganz eleng, 20 Joer lang. Et wor e Faulenzer, emmer sotz en beim Pat t. En ass gestuerwen duerch zevill drenken.
- Anne-M.: Se sin awer net all esou!
- Rupert: Ich hat keng Zeit fir anerer ze bekucken.
- Anne-M.: Ma dir wart dach awer lang Concierge, wéi et scheint? Dann hut dir dach vill Leit gesin aus an agoen.
- Rupert: A jo, ech hun der esou guer zevill gesin. Mais un hirt Gesicht erönneren ech mech net méi, hir Féiss hu mech méi interesséiert, hir knaschteg Féiss, voll Dreck a Bulli, déi si ni ofgebotzt hun an esou meng Trapen opgangen sin. Do hun ech och geléiert Gendarme ze spinnen.
- Anne-M.: Dir macht dat net schlecht.
- Rupert: Ech si frou, dat dir et sot (stét.op) Mais domat gét et net duer. Ech hun nach e Rapport ze schreiwen, an ech hun besser, ech machen dén elom anplatz mat iech ze schwätzen. (huet e Blat Pabeier an eng Fieder um Simone sengem Schreiwösch geholl an setzt sech fir ze schreiwen) A macht, dat der net versicht an der Zeit unzedrecken.

Anne-M.: Wéi kennt dir esou eppes vun mir denken. Dir gesit dach mir sin gudd Frenn.
(no enger Zeit) Kann ech iech net hellefen?

Rupert: Nén, nén. Sit nemmen roueg, dat ass alles wat ech vun iech verlangen.

(Mme Ruppert schreiwet de Rapport. Während der Zeit singt d'Anne-Marie e Schlafliedchen. Mme Ruppert nodém se e puer mol gegápst huet, schléift iwert der Arbecht an. Anne-Marie gét lues dem Simone sei Mantel an de Schaf sichen, changéiert sech an d'Marie-Anne, an setzt sech eröm op de Stull. No enger Zeit houscht et e puermol, d'Mme Rupert erwecht)

Rupert: (verzweifelt) Wat héscht dat do? Marie-Anne sir sidd hei? Mais...mais.. drémen ech? Wou ass är Schwester?

Anne-M.: Wéi?

Rupert: Är Schwester?....d'Anne-Marie..? Sie sotz hei op dem Stull. An ech sollt op se oppassen.

Anne-M.: Ech verstin neischt.

Rupert: Ma dach....da lauschtert....Ei, ei ei ei, wéi lang siäd dir schons hei?

Anne-M.: E puer Minuten. Dir huet geschlof an ech wollt iech net erwechen. Ech hat gemengt d'Joffer Bink wär hei.

Rupert: Mais dann ass d'Anne-Marie duerch d'Bascht. Elo ass d'Katastrophe do!
Elo gin ech bestömmmt eröm ofgesat.

(léft zur Mett fort) Oh, wann ech et nemmen eröm kréich!

(fort. Zur gleicher Zeit kommen d'Joffer Mathes, Schreiner an d'Mme Klosen lenks eran)

IV Szén

Anne-Marie, Joffer Mathes, Mme Klosen, Joffer Schreiner

Mathes: Do ass et. Schnell losst et net fort. (Anne-Marie versicht fort ze lafen, mais déi drei Fraen hun et schons festgehalen an brengen et zreck an d' Mett vun der Bühn)

Ah nén, mengt jo nemmen net mir gengen iech eröm wutschén lossen. Mir sin lang genug hannert iech hir. (zur Mme Klosen an d'Joffer Schreiner)
Dir halt se jo fest un?

Klosen: Macht iech neischt ze din.

Schreiner: Déi léft ons net méi fort.

Anne-M.: Ma....wat wollt dir eigentlech vu mir?

Mathes: Dir frot och nach.

Klosen: Wéi wann s'et net wéisst.

Mathes: Mir wellen iech vun hei verdreiwen Auf Nimmerwiedersehn.

Anne-M.: A mat wat fir engem Recht? Ech sin e freie Mensch.

Mathes: D'Verbriecher hun kén Recht op Freihét.

Anne-M.: Wirkelech? Dat doass eng Beschöllegung de iech kann deier ze stoen kommen. Ech roden iech, mech direkt goen ze lossen eder....

Mathes: Dat war gelacht! Ech lossen iech lass, an dann laft der direkt bei d'Joffer Bink soen, mir hätten iech gefangen geholl, iech maltraitéiert. An dann fuert der weider mat über Campagne, déi géint normal Gësetzer vum Liewen ass, nämlech d'Zesummenarbecht vun Mann a Fra.

Anne-M.: A wann dat meng Ménung ass?

Mathes: Ma dat ass jo dat schlömmst derbei. Iwerlét iech dach emol. Dir stöppelt d'Fraen op fir géint hir égen Männer ze kämpfen. Nén, Joffer, ech soen iech et kloer an deitlech, an dir kennt et och iwerall eremsoen. Ech verhinden de Krig zweschen Männer a Fraen.

Klosen: Gudd esou!

Schreiner: A wat mache mir elo mat hir?

Mathes: (Weist rechts op d'Dir) Sperrt se do eran.

Klosen: An déi Rumpelkummer?

Mathes: Jo.

Schreiner: Mais dir wesst dach, dass do nach eng Dir dran ass, déi op de Gank féiert. Op dem Wé ass d'Anne-Marie jo entkom wéi d'Mme Ruppert hannerun him war.

Mathes: D'ass wouer. Mais op déi Dir muss én dach kennen spären. Git emol kucken an da brengt dir de Schlessel mat.

Schreiner: Jo Joffer (aus durch d'Mett)

Mathes: (stéisst d'Anne-Marie an d'Rumpelkummer) Allez hep! Git do eran (mecht d'Dir zou) You ass de Schlessel vun deser Dir.

Klosen: Wart (sicht um Schreibdesch) Hei ass en. Gott sei dank dat d'Schlass gefleckt gin ass.

Mathes: (Sperrt d'Dir zou) Sou!

Schreiner: (zur Mett eran) Dat hätte mer, dat entkönnt ons net.

Mathes: Gut. (hölt de Schlessel, dén d'Joffer Schreiner him récht) An elo Joffer Bink ass et un ons zwé! Kucken emol ops du elo och nach esou iwerzégt optretts an dengem Versammlungen!

V. Szén

Joffer Mathes, Mme Klosen, Joffer Schreiner, Mme Stemper

(Mme Stemper kennt zur Metteldir eran. Et geseit én, dat se schons am Bett loug. Sie huet e Schal iwert enger Bettjacket un, Bigoudien ennert der Schlofhauf, ennert dem Arm hir Streck)

Stemper: Ass et wouer, ass elo eng Versammlung?

Mathes: A jo, Mme Stemper.

Stemper: Em des Auer?

Mathes: Wann et sech em wichteg Sachen handelt, dann get et keng Auer.

Stemper: Wat eng Idee fir d'Leit wéinst Kannereien aus dem Bett ze geheien.

Mathesä (spöttesch) Nujé, nujé! Dat sin keng Kannereien! An dir wesst dach, dat et ouni iech net gét, Mme Stemper. Är Ménuhg, déi dir emmer esou kloer duerchbrengt, déi lauschtert jàdderén ganz interesséiert no. Wann ech iech e gudden Rot gin, dann schwetzt haut net esou vill, well soss müssen mer eventuell d'ganz Nuecht hei bleiwen.

Stemper: Jo jo, macht dir roueg de Geck mat mir, wann et iech Fréd mecht.

Klosen: (versicht éscht ze sin) Ma mir machen dach de Geck net mat iech.

Schreiner: (weist op hire Stull) Setzt iech schéin brav dohinner an da streckt dir weider.

Stemper: Macht de Spunnes mat mir esou lang wéi der wollt. Mir mecht dat neischt aus. Dén Dag kennt och nach eng Kéier, wou dir erem all ufánkt ze strecken. An dann sidd der frou, wann der nach bei mech kennt kommen, fir gewisen ze gin, herno wann der d'Flemm mat der Politik hut (Fánkt un ze strecken)

Klosen: Wie wéss? Sie huet emol vielleicht guer net Onrecht.

VI. Szén

Déiselwecht, Joffer Bink, Mme Haupesch, Joffer Petesch

(Joffer Bink kennt eran, sét ké Wuert an gét op hir Platz, Mme Haupesch an d'Joffer Petesch machen datselwecht. Déi aner drei sin ganz erstaunt a machen d'selwecht)

Mathes: (setzt sech) Et schéngt mer ewéi wann et Schwieregkéten gengen gin.

Schreiner: Et schengt mer ewéi wann et net rosege geng op der Fraenscit geng ausgesin.

Bink: (schellt eng Kéier kurz...) D'Sötzung ass eröffnet!

Mathes: Ech hun dorop gewart. Kann én d'Ursach vun deser improviséierter Versammlung gewuer gin?

Bink: Ech hun net d'Gewunnegt d'Leit onnötz ze dérangéieren. Wann ech iech öm des Auer rufen geloss hun, dann ass e wichtige Grond do.

Mathes: Dann explizéiert ons wourem et get.

Bink: Et handelt sech öm d'Wahlcampagne. Dat kann net méi esou weider goen.

Mathes: Ech verstin net richteg.

Bink: Ech denken et wär un der Zeit ons méi gescheit a méi würdeg ze behuelen.

Mathes: Wéi? Ass dat alles? An dofir kommt dir ons metten an der Nuecht stéieren?

Klosen: An dofir zéit dir déi arem Mme Stemper aus dem Bett?

Schreiner: Ech mengen, déi Diskussiouon do hätt och nach Zeit bis muer gehat.

Bink: Wann ech décidéiert hun, dat elo direkt durchzediskutéieren, dann kann dat net méi opgeschupt gin. D'Leit am ganzen Duerf sin an der Lucht, an dat kennt emol e schlechten Dréi kréien. Mir müssen se berouegen, an....

Mathes: Wéi? Dir wellt d'Leit berouegen, Dir, erlaut iech dat, an dobei sin et nach keng 8 Dég hir dat dir se opgesteppelt hu, sech géint d'Police ze wieren. Wat wär geschitt, wann ech négt op égen Initiative hingange wär an ech Hätt se esou weit bruecht, dat se iwerhapt net bis heihin komm sin?

Haupesch: An dir sidd nach stolz dorop?

Mathes: Ganz richteg, ech sin stolz dorop.

Petesch: Niemols hätt ech mech virun engem Mann ernidregt.

H aupesch: An nach vill manner virun enger ganzer Schwadroun.

Klosen: Hätt dir da léiwer gehat, sie wäre mat Gewalt géint déi gangen, déi dir hinnen entgéint gescheckt hat?

Bink: E Mann dén eng Fra schléit ass e Feigling! Ech sin iwerzégt déi ganz Troupe wär ömgédréit, wann se gesin hätten wéi fest mir décidéiert waren.

Schreiner: Dat ass guer net esou secher.

Mathes: Nujé, losse mer op d'Haptsach zreck kommen. Wat wollt der eigentlech richteg?

Bink: Mir hun allenzwé eng Sekretairin, fir ons bei der Wahlcampagne ze helfen, an ech fannen dat hir Streidereien ze weit gin.

Mathes: (erstaunt) Kuck elei! (zu sengem Leit) Dir Damen, ass dat och är Ménung?

Klosen: Ganz a guer net!

Schreiner: Ech fannen dat ass ganz normal.

Bink: (béis zur Joffer Mathes) Wéi dann? Dat gefällt iech also fir emmer erescht un zwéter Platz ze stoen? Nemmen méi Statist an der Wahlversammlung ze sin?

- Mathes: Wat soll dat dä schons machen, d'Anne-Marie verteidegt jo meng Cause.
- Bink: Dir wellt soen, hir egen Cause. Sie bringt et nach fierdeg, dat se iech ganz ausstecht, dat bléit iech nach. Mais virdrun hat se nach Zeit genug d'Fraen vun Cesseng eng géint déi aner opzestöppelen an d'ganz Duerf an e Schluechtfeld ze verwandelen.
- Mathes: Nou denkt dir hin? Dir schengt meng Sekretairin den Owend al am Streck ze hun. Huet är iech vielleicht zufällig am Stach geloss? (Mme Klosen + Schreiner grinsen)
- Bink: D'Marie-Anne bleiwt bei mir esou lang ewéi seng Schwester är lächerlech Ideen verteidegt. Hat ass emmer berét.
- Mathes: Sid dir ganz secher?

VII. Szén

- Déiselwecht, Mme Ruppert.
- Rupert: (zur Mett eran) Néierens ze fannen! Dat Framensch ass e richtegen Saban. Onméiglech erauszekräien wohinner et verschwommen ass.
- Bink: (rosen, stét op) A wat gét iech dann un? Wat sin dat fir Mannéieren! Wien huet iech erlaut ons hei ze stéieren?
- Rupert: (sprachlos) Mais...mais....ma dir huet mir dach befuelen déi Zara vun Anne-Marie erem ze sichen, dat mir erem entwöscht war.
- Bink: Sit roueg a macht iech eweg vun hei.
- Rupert: Ah so! gud...(fort)

VIII. Szén

- Déiselwecht, ouni d'Mme Rupert
- Mathesä Mir gét eng Speicherlicht op.
- Bink: Wéi? Wat gét iech op?
- Mathes: Eng Speicherlicht! elo verstin ech alles. Dir wollt d'Anne-Marie verhönneren fir dat et mir soll hellefen, a well dat iech net gelongen ass, wollt dir mech ffloen ech soll vun mir aus op et verzichten. Ass et net esou?
- Bink: Wann dir op d'Anne-Marie verzicht, verspriechen ech iech, d'Marie-Anne direkt fortzeschecken.
- Mathes: A wann ech net well?
- Bink: Wann dir net wellt, dann attaquéieren mir iech nach vill méi stark, iech an är knaschteg Politik.
- Mathes: Oho (zu sengen Leit) Muss ech bei esou enger Drohung erschrecken?
- Schreiner: (grinst) Ech mengen net.
- Klosen: Menger Ménung no, hätt d'Joffer Bink Schwierégkéten bei engem neien Ugref.
- Bink: A wuerfir dann, w,e,gl.
- Mathes: Ma ganz einfach, well är Sekretäfin iech den Dengscht kennt verweigeren.
- Bink: D'Marie-Anne?
- Mathes: Jo hat selwer. Sidd dir esou secher, dat hat iech nach emmer zu Dengschten stét?
- Bink: Bis elo huet sein Eifer nach keng Grimmel nogeloss.
- Mathes: Meng Félicitatiounen. Mais mengt dir et wär elo och nach de Fall!
- Bink: A wuerfir net?

Mathes: Ech wéss net, mais et kennt jo emol sin dat dir net eleng déi Idee hat én ze kidnappen.

Bink: Wéi dir gengt drun denken, mir d'Marie-Anne eweg ze huelen.

Mathes: Ech denken net méi drun, et ass schons geschitt.

Bink: Wat schons geschitt?

Mathes: Hätt der gären de Beweis? Neischt méi einfach ewéi dat. (stét op a sperrt d'Dir rechts op. Zum Anne-Marie) Dir könnnt eraus kommen. D'Jaffer Bink geng sech gären selwer iwerzégen, dat e mer iech gefangen halen. (All stin do ze warden, mat Ausnahm vun der Mme Stemper, déi weider streckt) (D'Anne-Marie kennt rechts eraus, mé net wéi erwart als - Marie-Anne, mé als Anne-Marie)

Mathes: Wat héscht dat do? Anne-Marie....dir....dobannen? Mais dann...War dir bei ärer Schwester?

Schreiner: Dann huet dat anert sech an engem Eck verstoppt. Kommt Mme Klosen, mir gin kucken.
(gin allenzwé rechts of. Mme Rupert kennt séier zur Mett eran)

IX. Szén

Déiselwecht, Mme Rupert, dann Simone

Rupert: Joffer! Joffer!
Entschöllegt Joffer, mais wat ech elo grad gesin hun ass dermossen.....
dermossen....

Bink: Jo wat dann! Schwetzt! Wat hut der gesin, en Erdbeben?

Rupert: Oh, wann et dat nemmen war. Also!...
Ech sin an all Zemmer kucke gangen, fir dat Framensch do erem ze fannen. Hei op emol bleiwen ech bei der Dir vun der Rumpelkammer dó stoen an ech well se opmachen. Mais se war zougespart an kén Schlüssel drop. Ech kukken durch d'Schlössellach fir mech ze vergewesseren op och kén dobannen ass. A wat gesin meng Aan? Ah! Nén...Ech sin nach ganz durchernén.....
Ech gesin d'Jaffer Marie-Anne, déi de Brell ausdét, sech fresch kemmt, d'Löypse fierwt. An dun huet se grad ausgesin ewéi hir Schwester.

Schreiner: (kennt mat dem Anne-Marie sengem Mantel an sengem Brell) Ké Mensch dobannen. Mir hun soss neischt fond ewéi de Mantel an dé Brell hei.

Bink: Mais dann....dann wär d'Anns-Marie an d'Marie-Anne jo nemmen ént?

Mathes: Net méiglech. Anne-Marie äntwert dach. Wou ass är Schwester?

Anne-M.: (sét neischt)

Bink: Et äntwert net? Dann ass et also esou. Dat Framensch huet ons also schéin un der Nues erem geféiert. Ah! Dat do berapst de ons! (gét bei d'Anne-Marie an zéit un engem Arm)

Mathes: (zéit un dém aneren Arm) Oh nén, ech hun och nach en Hinchen mat him ze rappen

Bink: (zéit erem) Nén fir d'escht ech!

Mathes: " Entschöllegt!

Bink: " T'ass u mir

Mathes: " Nén fir d'escht u mir.

Simone: (séier zur Mett eran, mat engem Telegramm) Joffer, Joffer! En Telegramm aus der Stadt.

Bink: (léisst d'Anne-Marie lass) Fir mech?

Simone: Jo Joffer, en ass fum Innenministère.

(d'Joffer Mathes, och um Telegramm interesséiert, léisst d'Anne-Marie lass)

Bink: (liest) Innenminister - un de Bourgerméschter vun Cesseng. Fánken gleich mat den Arbechten vum Staudamm um Gemengenterrain vun Cesseng un. Preparatiounen treffen fir 200 Arbechter während 5 Joer an Baracken opzehuelen. - Dofir d'Gemengewahlen zreckverluegt. - Arbechter müssen mat an der Gemeng stömmen goen. Gené Detailler méi spéit. (lésst sech op e Stull falen) Ass dat nach dran.

Mathes: D'Wahlen sin zreck verluegt?

Bink: (récht hit den Telegramm) Liest selwer.

(All mat Ausnahm vun der Mme Stemper, Anne-Marie + Simone liesen zesummen den Telegramm. D'Joffer Bink setzt ganz erschloen um Stull. D'Anne-Marie lues zum Simone)

Anne-M.: Si hun mech kritt.

Simone: Ja werden se dech schéin an d'Zang geholl hun.

Anne-M.: Nén, nach net, mais et dauert net méi lang. Wat soll ech nemmen machen?

Simone: Mach dech aus dem Stöps. An 10 Minuten firt en Zug an d'Stadt.

Anne-Marie: Oh fein, eddi a schreiw mer.

Simone: Bestömmmt.

(d'Anne-Marie gét lues zur Mett eraus)

Mathes: Et stömmat, sie drängen ons Männer op.

Bink: Inescht ausgedreckt. Mir gún verdriwen. Sie wellen ons net méi am Ge- mengerot.

Haupesch: Dat gét ze weit.

Klosen: Dat ass niederträchteg.

Mathes: Mir müssen an d'Stadt goen an protestéieren.

Petesch: Ech kennen en Deputéierten. Dén bringt dat bei der Regiorung fir.

Stemper: (kuckt fir d'eschte Kéier vun der Streck op) Ass dat dann néideg.

Bink: Néi?

Stemper: Mengt der net, et wär besser esou? Losst d'Männer dach déi Arbecht machen, wann se Fréd drun hun.

Mathes: Wéi? Ass dat är Ménung?

Stemper: Macht dir dann esou gär n Politik? Mecht dat iech Fréd, iech én dén aneren ze vernennen, iech ze streiden an aller Öffentlechket? Nujé, dir Damen, macht iech dach neischt fir. Er Männer machen är Arbecht net do-hém, wann dir Rieden halen git. Mengt dach net, dat sie kachen a brachen, d'Wäsch machen. A gléwt mer et, an der Politik ass nach lang net alles proper. D'Fraen müssen hir Nues net onbedengt doranner strecken.

Klosen: Vielleicht? Mais dir wart bis elo dach och der Ménung.

Stemper: Dat stömmat. Mais kuckt (weist op d'Streck) Fir mech worn déi Versamm-lungen keng verlueren Zeit.

Bink: Also, wann mer iech nolauschteren, dann solle mer ons öm neischt méi kömmaren?

Stemper: Dat well ech net grad soen. Mir müssen de Männer dach vun Zeit zu Zeit ze verstoen gin, dat e mer och epes ze soen hun. Mais sou weit ze goen an hir Dommhéten.....

Bink: D'ass gut. Ech ergin mech.

Mathes: Ech och.

Bink: Mais virdrun muss ech awer nach mat der Zara ofrechnen. Wou ass et?

Mathes: Huet et sech ewech gemach?

Haupesch: Et schengt es bal.

Bink: (zur Mme Rupert) Schnell, laft em no.

Rupert: Nach eng Kéier.

Stemper: Virwat ze machen? Losst et nemmen lafen. Wat werft dir him eigentlech fir? De Spott e beschen mat iech gemach ze hun? Jé jé, macht déi Sach net méi schlömm ewéi se ass. Dir hut elo aneres ze din, wann dir hei würdeg wellt oftrieden.

Schreiner: Wat dann? Solle mer vielleicht strecken?

Stemper: Virwat net? Dat kann net jiddferén. Kuckt emol dé klenge Gilet hei, dén ech am Gang sin ze machen fir mein Enkelkand.

Petesch: (gét méi no) Weist emol!

(kommen all rondröm)

Mathes: Oh, wéi léif.

Bink: Wéi macht dir dat.

Stemper: T'ass ganz einfach: Fängt mat 50 Maschen un an dann streckt der 3 cm lang l r. l l. (Rideau gét luas zou)
Dann macht der 4 Maschen Géschtekár, dann ömgeschloen; l r. l l. an esou weider bis 30 cm. Duerno.....

Weis: Casatschok

All: Lo sin mir um Enn vun onsem Spill
Mir hun ower net errécht onst Ziel
/: Schluss ass nun mat der Fraepolitik
Mir behalen ower onsen Tip :/

Männer huelt iech awer gut annuecht
Wat dir dreiwt lo an der ðolitik
D'Fraen halen iwert iech all Wuecht
Sin op zack fir eng Kritik, eng stramm Kritik

Anne-Marie - Marie-Anne
Du hues ons drun kritt
Anne-Marie

Anne-M.: Ech hun hei de Geck mat iech gemach
A mir oft an d'Fauscht dobei gelach

All: Mir gestin et lo awer alleguer an
T'brauch én dach och heiansdo e Mann

/: No de villen béisent Streidereien
Sin berét mir lo nés fir de Fridd
A soll én iech och emol geheien
Net wéi mir sou lang gestritt, schléisst séier Fridd :/